# DE FUUSS

## INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

3 | 2025

BULLETIN COMMUNAL





*Foto: Damaris*

# DËST STEET HEI DRAN

Virwuert 3

## D'GEMENG
### *LA COMMUNE*

Gemengerot 5
Conseil communal 12
Zivilstand // État civil 18
Mir gratuléieren! 18
Interview mat der Schäffin Corinne Meyers 20
Interview mam Pit Larry 22
Vereedegung vun zwee neie Beamten 24
Merci, Anne-Rose Simon! 25
Dag vun der Gemeng 26
Buergermeeschterdag 27
Éischt Hëllef 28

## SCHOUL & MAISON RELAIS
### *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

Schoul 31
Neies aus der Maison relais 34

## VERÄINER
### *ASSOCIATIONS*

News Ëmmer Fit Waldbëlleg 37
Jonk & Al 40
Bambinien, Pupillen, Poussinen, Minimmen
a Scolairen um Fussball 45
D'Aeromodelliste vu Chrëstnech 46
Club des Jeunes Christnach 49
Kalatou asbl 50

## KULTUR A GESCHICHT
### *CULTURE ET HISTOIRE*

Interview mam Maxime Bender 53
D'Waldbëlleger Musek 56
Uergelfrënn Waldbëlleg 58
Interview mam Kënschtler Cordell Monson vun Haler 59

## LIEWEN AN DER GEMENG
### *VIE RURALE*

Nationalfeierdag 2025 61
Dat neit Offallkonzept 66
Sprangprëssessioun 69
Déi nei Buvette beim FCO 70
Kanner-Jugendtelefon 72
De regionale Jugendservice 73
National Golf Days am Petite Suisse Country Club 74
D'Police informéiert 77
Grillen op der Millen 77
Schueberfouer 78
Tour de Luxembourg 79
D'Heinzelmännercher 80

## KLIMAPAKT AN NATURPAKT
### *PACTE CLIMAT ET PACTE NATURE*

Klimapakt 83
Eco-Driving – Waldbëlleg geet mat guddem Beispill vir! 86
Résultats des mesures de $NO_2$ 87
Kampagne zur Umweltsensibilisierung
in der Grundschule Waldbillig 88
Dossier d'assistance aux futurs maîtres d'ouvrage 2.0 90
Bauherrenmappe 2.0 90
Naturpaktdag 91
Spuert och Dir Ressourcen! 92
Klima-Agence 94

## WAT ASS LASS AN DER GEMENG?
### *QUE FAIRE DANS LA COMMUNE ?*

Agenda 97
Gemengerot 99
Labomobile 99
Restauranten a Caféën 100

**VILL FREED BEIM LIESEN!**

***BONNE LECTURE !***



*Foto: Olivier Glod*

**Impressum**

Redaktioun vum FUUSS: Marc Barthelemy, Luc Friedrich, Yolande Kirsch, Corinne Meyers, Isabelle Oberlé, a Karin Enser fir d'Korrekturen
Reegelméisseg Fotoen: Damaris Pletschette, Olivier Glod, Georges Koster
Hëllef op der Gemeng: Martine Dimmer, Joëlle Duschang, Andrée Henx-Greischer, Kim Ruppert, Filipe Soares

Grafesch Gestaltung: Susanne Hangarter
Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach.
Responsabelen Éditeur: Gemeng Waldbëlleg

*Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vuë vun den Auteuren aus a ginn ënnert hirer Responsabilitéit publizéiert.*
*Am FUUSS gëtt meeschtens net gegendert, mee de Generis masculinum geholl. Frae gi mat si/se bezeechent.*

# VIRWUERT

## Léif Awunnerinnen an Awunner aus der Gemeng Waldbëlleg,

no der Summervakanz fannt Dir hei déi drëtt Ausgab vum De FUUSS fir d'Joer 2025.

Mir presentéieren Iech e klengen Iwwerbléck vun eise Chantieren, déi ganz gutt viruginn:

Beim Ausbau vun der Gemeng sinn se elo amgaangen, bannendran ze schaffen. Den Devis vun den Anlage baussent der Gemeng, déi mat de Bierger zesumme geplangt goufen, gëtt elo geschwënn approuvéiert, an duerno ginn déi Aarbechten ausgeschriwwen a beoptraagt.

Bei der Schoul gi fënnef nei Schoulsäll bäigebaut. Dës Aarbechte komme mat grousse Schrëtt virun, a mir si gudder Déng, dass déi Raim vun der nächster Rentrée u genotzt kënne ginn. D'Abaue vun engem Lift maachen d'Sportshal an d'Schoul PMR-gerecht accessibel.

Déi nei Buvette mat den Tribüne fir de Fussball ass fäerdeg gestallt. Si gouf am Juli ageweit an a Betrib geholl.

D'Verlinke vun de Quellen ass fäerdeg, mir drénken elo Waasser aus der Häerebur- an aus der Schéissendëmpelquell. Den nächste Schratt ass d'Plange vun der Drockleitung vun der Pompstatioun am Mëllerdall op Waldbëlleg.

Fir d'Paschtoueschhaus zu Chrëschtnech gëtt eng Machbarkeitsstudie gemaach, déi definéiere soll, wéivill Wunnengen do kéinte realiséiert ginn. Dëst ass e Projet am Kader vum Pacte logement. Verschidde Faktore sinn do ze berécksiichtegen, ewéi d'Lag vum Gebai direkt bei der Kierch a beim Kierfecht, an d'Zesummenaarbecht mam INPA (fréier Sites et Monuments genannt), well et sech hei ëm en erhalenswäert Gebai handelt.

Den Notairesakt fir de Camping Cascade am Mëllerdall ze kafen ass vum Schäfferot an de Proprietairen ënnerschriwwe ginn. De Kaf ass op e puer Budgetsjoren opgedeelt; déi fréier Proprietairen hunn d'Recht, de Site nach bis Enn 2027 ze notzen.

De 6. Juni hate mir eng Versammlung fir d'Bierger zesumme mat Nopeschgemengen an eiser Sportshal organiséiert. D'Police war komm, fir Informatiounen ze ginn iwwer d'Theema Preventioun géint Abréch. Mir fannen et schued, dass net méi Leit deelgeholl an d'Geleeënheet genotzt hunn, fir hir Froen do ze stellen.

De 15. Juli hu mir mat de Verantwortleche vum Sigre dat neit Taxe-Reglement vum Offall an der Sportshal virgestallt. D'Ëmsetzung vun deem Reglement bedeit e ganz groussen Opwand fir eis Administratioun an den technesche Service.

Den 3. Oktober huet den Ierfgroussherzog Guillaume d'Successioun vu sengem Papp, dem Grand-Duc Henri, un der Spëtzt vun eisem Land iwwerholl. Mir wënschen him eng glécklech Hand a sengem neien Amt.

Mat de Gemenge Beefort a Bäerdref zesumme schaffe mir un engem Service de proximité (Agent municipal). Dee Service fir eis Bierger soll am Laf vum Joer 2026 ulafen.

Iwwer de Summer krute mir zwee nei Mataarbechter an der Administratioun vun der Gemeng, de Jorge de Oliveira an de Gil Kohn. Et sief betount, dass si zwee Leit ersetzen, déi elo net méi bei eis schaffen.

Den 1. November fänkt mat der Laurence Habscheid och eng nei Mataarbechterin am Service vun de Bauten un.

Dem Redaktiounsgrupp vum De FUUSS drécke mir e grousse Merci aus fir hiren Asaz!

Mir wënschen Iech vill Freed beim Liesen, a freeën eis elo schonn, Iech op deene verschiddene Manifestatiounen an eiser Gemeng ze begéinen.

*Äre Schäfferot*

**D'Adress vun der Gemeng:**
**7, Fielserstrooss,**
**L-7640 Chrëschtnech**

Foto: Olivier Glod



# D'GEMENG // *LA COMMUNE*



# GEMENGEROT

Vun de Sëtzungen am Gemengerot ginn am FUUSS d'Decisioune publizéiert, déi de Gemengerot geholl huet.

D'Audio-Opname vun den Debatte ginn als Audiodatei um Internetsite ***www.waldbillig.lu*** fir sechs Méint gespäichert, an der Rubrik ***Quotidien*** mam Titel ***Séance du conseil communal***.

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2025/2

**Sëtzung vum Méinden, 28.04.2025**

Et waren do:
// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// MEYERS Corinne,
// TOBES Romain, Schäffen,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:
// GOEDERT Jeannot, Conseiller
De Conseiller GOEDERT Jeannot huet dem Schäffen TOBES Romain eng Procuratioun ginn, fir a sengem Numm ze stëmmen.

**Dagesuerdnung:**

| | |
|---|---|
| | **Net ëffentlech Sëtzung** |
| 2025-03-01 | Personalaffär. |
| | **Ëffentlech Sëtzung** |
| 2025-03-02 | Schafe vun engem Poste fir de Service des bâtisses. |
| 2025-03-03 | Demissioun vum Gemengendelegéierten am Virstand vum Office social aus der Fiels. |
| 2025-03-04 | Upasse vun de Krittäre fir d'Recht op eng Färderprimm fir d'Studenten. |
| 2025-03-05 | Konventioun fir d'Quellwaasserversuergung. |

| | |
|---|---|
| 2025-03-06 | Konventioun fir de „Service pour jeunes". |
| 2025-03-07 | Konventioun mam Lotisseur am Kader vun der Realisatioun vun engem Projet d'aménagement particulier betreffend d'Grondstécker zu Haler um Uert genannt „rue Saint Nicolas". |
| 2025-03-08 | Konventioun „Natur genéisse" mam Natur- a Geopark Mëllerdall. |
| 2025-03-09 | Konventioun fir der Gemeng eng Parzell zu Haler zur Verfügung ze stellen. |
| 2025-03-10 | Approbatioun vun Notairesakten. |
| 2025-03-11 | Informatioun zum méijärege Finanzéierungsplang 2025. |
| 2025-03-12 | Gebrauch vum Virkafsrecht fir de Kaf vu Parzellen zu Chrëschtnech. |
| 2025-03-13 | Ufro fir e Morcellement vun enger Parzell zu Waldbëlleg. |
| 2025-03-14 | Ännerung vum ordinäre Budget. |
| 2025-03-15 | Ufro vun der A.s.b.l. Andamos fir de Subsid fir e Veräin, dee säi Sëtz an der Gemeng huet. |
| 2025-03-16 | Subsidufroen. |
| 2025-03-17 | Verschiddenes. |

**De Gemengerot:**

**1.** hëlt eestëmmeg d'Demissioun vum Gemengebeamten David Sonnetti op den 1. Juli 2025 un, deen am Populatiounsbüro agestallt ass,

**2.** entscheet eestëmmeg, ee Poste vun engem Gemenge-beamten an der Carrière B1 am administrative Beräich ze schafe, mat 40 Stonnen d'Woch, fir dem Responsabel vum Service des bâtisses ze hëllefen,

**3.** hëlt eestëmmeg d'Demissioun vum Gemengen-delegéierten am Virstand vum Office social aus der Fiels un,

**4.** entscheet, fir de Schäfferot ze froen, d'Dossiere vun den Ufroe fir d'Encouragementsprime fir universitär Studien ze iwwerpréiwen, bei deenen d'Dauer vun den eenzelnen Etappen net där vun anere Studien entsprécht an déi net onbedéngt mam Ofschloss vum Bachelor- oder Masterdiplom ophalen, fir iwwer d'Regularitéit vun der Unerkennung vun enger Prime ze entscheeden,

**5.** approuvéiert eestëmmeg d'Konventioun fir d'Quell-waasserversuergung vun der Gemeng Beefort mam Quellewaasser aus dem Mëllerdall vum 28. Februar 2025, fir eng Dauer vu 25 Joer,

**6.** bewëllegt eestëmmeg d'Konventioun „Service fir déi Jonk" mat der Organisatioun Nordstadjugend a.s.b.l.,

**7.** gëtt eestëmmeg säin Accord fir d'Konventioun mam Lotisseur am Kader vun der Realisatioun vun engem Projet d'aménagement particulier betreffend Grondstécker zu Haler, um Uert „rue Saint Nicolas", déi d'Konditiounen an d'Obligatioune fir d'Realiséiere vun dësem PAP festhält,

**8.** bewëllegt eestëmmeg d'Konventioun „Natur genéis-sen" mam Natur- a Geopark Mëllerdall,

**9.** gëtt eestëmmeg säin Accord fir d'Konventioun betreffend dem Bereetstelle vun enger Parzell zu Haler, déi als ëffentlech Plaz genotzt gëtt, fir eng Dauer vun 10 Joer, tëschent der Gemeng Waldbëlleg an de Besëtzer REIFFERS-BECKER,

**10.** entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn zu zwee notariellen Akte betreffend zwou Emprisen zu Haler,

**11.** de Schäfferot informéiert de Gemengrot iwwer de méijärege Finanzéierungsplang,

**12.** verzicht eestëmmeg op säi Virkafsrecht vun der d'Parzell, déi am Kadaster vun der Gemeng Waldbëlleg ënner der Nummer 124/4569 agedroen ass, Sektioun C vu Chrëschtnech,

**13.** bewëllegt eestëmmeg de Morcellement vun der Parzell 369/4682, Sektioun B vu Waldbëlleg, an zwee Lousen,

**14.** entscheet en zousätzleche Kredit vun 107.000,00 € ze stëmmen, fir d'Participatioun un d'Käschte vun der Maison relais, opgrond vum Ofrechne vun de leschte Joren,

**15.** decidéiert der A.s.b.l. Andamos de Subside fir Associatiounen, déi an der Gemeng Waldbëlleg etabléiert sinn net ze accordéieren, aus där Ursaach, datt déi betraffen A.s.b.l. déi virdefinéiert Krittäre fir eng lokal Associatioun net erfëllt.

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2025/3

**Sëtzung vum Dënsdeg, 03.06.2025**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// MEYERS Corinne,
// TOBES Romain, Schëffen
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

// BOONEN Serge, Conseiller.

**Dagesuerdnung:**

**Net ëffentlech Sëtzung**

| | |
|---|---|
| 2025-04-01 | Demissioun vun enger Gemengebeamtin. |
| 2025-04-02 | Ernenne vun zwee Fonctionnairen an der Carrière B1, am administrative Beräich. |
| 2025-04-03 | Organisatioun vun der Grondschoulbildung, Schouljoer 2025/2026: Lëscht 1, Propositioun fir d'Affektatioun an d'Reaffektatioun vu Kandidaten op fräi Plaze fir Enseignanten an der Grondschoul. |

**Ëffentlech Sëtzung**

| | |
|---|---|
| 2025-04-04 | Provisoresch Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2025/2026. |
| 2025-04-05 | Ernennung vun engem Gemengendelegéierten am Virstand vum Office social. |
| 2025-04-06 | Prinzipiebeschloss fir eng interkommunal Kooperatioun am Kader vun engem Proximitéitsservice fir Agents municipaux. |
| 2025-04-07 | Finanzéierungsofkommes mam Syndicat d'Initiative vun der Gemeng Waldbëlleg. |
| 2025-04-08 | Approbatioun vun engem Gehaltsbonus fir e Gemengenaarbechter. |
| 2025-04-09 | Approbatioun vun engem Locatiounskontrakt. |
| 2025-04-10 | Approbatioun vun Nottärsakten. |
| 2025-04-11 | Restanten-Etat vum Joer 2024. |
| 2025-04-12 | Titres de recette 2024. |
| 2025-04-13 | Ännerung vum ordinäre Budget. |
| 2025-04-14 | Demande fir en extraordinäre Subsid vun der Asbl Uergelfrënn Waldbëlleg. |
| 2025-04-15 | Subsidufroen. |
| 2025-04-16 | Verschiddenes. |

**De Gemengerot:**

**1.** hëlt eestëmmeg d'Demissioun u vun der Gemengebeamtin Dahm Sonia, op den 31. Juli 2025,

**2.** nominéiert eestëmmeg den De Oliveira Jorge an de Kohn Gil, als Gemengebeamten am Stage vun der Karriär B1, am administrative Beräich, fir d'Servicer Populatioun a Sekretariat,

**3.** proposéiert d'Affektatioun vun der (vum):

1. Madamm TRIENEKENS Tanja op d'fräi Plaz als Enseignante C1,

2. Madamm HERMANN Jenny op d'fräi Plaz als Enseignante C 2-4,

3. Här LECAILLON Jérôme André Guy op d'fräi Plaz als Enseignant C2-4,

**4.** akzeptéiert d'Organisatioun vun der Grondschoulbildung fir d'Schouljoer 2025/2026, wéi se vum Schäfferot proposéiert gouf,

**5.** ernennt d'Madamm Schintgen Françoise mat direkter Wierkung, als Delegéiert vun der Gemeng Waldbëlleg am Conseil d'administration vum Office social an der Fiels,

**6.** ënnerstëtzt d'Zesummenaarbecht mat den Nopeschgemenge Beefort, Bech, Bäerdref, Konsdref an Hiefenech am Kader vun engem lokale Service vun Agents municipaux,

**7.** decidéiert eestëmmeg, de betreffende Punkt op d'Dagesuerdnung vun der nächster Schäfferotssëtzung ze setzen,

**8.** accordéiert engem Agent aus dem technesche Service eng monatlech Primm vum 1. Mee 2025 un,



*Yolande Kirsch. Foto: Olivier Glod*

**9.** decidéiert dem Locatiounskontrakt mat enger Famill, déi virum Krich an der Ukrain geflücht ass, fir e weidert Joer zouzestëmmen,

**10.** entscheet, folgenden Nottärsakten zouzestëmmen:

a. fir de Kaf vun engem Studio am Appartementsgebai nieft dem Hotel „Réserve du Mullerthal" Gemeng Waldbëlleg, Sektioun D am Mëllerdall,

b. d'Parzellen, déi am Kadaster vun der Gemeng Waldbëlleg ageschriwwe sinn, mat enger Gesamtfläch vu 495,95 Ar, fir den ëffentlechen Notzen,

**11.** entscheet eestëmmeg:

1. déi heite Beträg festzehalen:

| | | Ordinäre Service | Extraordinäre Service |
|---|---|---|---|
| Provisoresch Reprisen | 72.837,38 EUR | 72.837,38 | |
| Hannerloosse vu Scholden | 13,40 EUR | 13,40 | |
| Total | 72.850,78 EUR | 72.850,78 | |

2. bewëllegt dem Schäfferot, déi betraffen Debiteure rechtlech unzesichen;

**12.** stëmmt de Recettentitele vun 2024 zou,

**13.** stëmmt den ordinäre Budgetsännerungen zou, déi vum Schäfferot virgeluecht goufen, mat engem Total vun enger zousätzlecher Depense vun 63.859,18 €,

**14.** entscheet eestëmmeg, d'Decisioun iwwer d'Ufro fir déi aussergewéinlech Subventioun op eng vun den nächste Gemengerotssëtzungen ze verleeën, nodeems de Gemengerot d'Krittäre fir d'Erdeele vun aussergewéinleche Subside fir lokal Veräiner festgeluecht huet,

**15.** entscheet eestëmmeg, den heite Veräiner e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

- Padem
- Amicale du groupe cynotechnique
- Rokku Mi Rokka asbl
- Een Häerz fir Streuner asbl
- Associatioun nationale des victimes de la route a.s.b.l.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2025/4

**Sëtzung vum Dënsdeg, 22.07.2025**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// Meyers Corinne,
// TOBES Romain, Schäffen,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

// BENDER Maxime, Conseiller
De Conseiller BENDER Maxime huet dem Schäffen TOBES Romain eng Procuratioun ginn, fir a sengem Numm ze stëmmen.

**Dagesuerdnung:**

**Net ëffentlech Sëtzung**

2025-05-01 Ernennung vun engem Fonctionnaire an der Carrière B1, am administrative Beräich.

**Ëffentlech Sëtzung**

2025-05-02 Encadrementsplang fir d'Betreiung nom Unterrecht 2025/2026.
2025-05-03 Ännerungen am extraordinäre Budget.
2025-05-04 Ännerungen am ordinäre Budget.
2025-05-05 Decisioun fir e Prêt opzehuelen, fir verschidden aussergewéinlech Aarbechten duerchzeféieren.
2025-05-06 Decompte vun den extraordinären Aarbechten.
2025-05-07 Festleeë vun de Multiplikatiouns-Tauxe vun der Grondsteier fir d'Joer 2026.
2025-05-08 Festleeë vun de Multiplikatiouns-Tauxe vun der Gewerbesteier fir d'Joer.
2025-05-09 Festleeë vun enger Entschiedegung fir geleeëntlech agestallten Aarbechter, fir Receptiounen a Festivitéiten, déi vun der Gemeng organiséiert ginn.
2025-05-10 Festleeë vun enger Éierung fir vedéngschtvoll Sportler.
2025-05-11 Festleeë vun engem Subside fir dem Club des Jeunes seng Servicer wärend de Festivitéite fir Nationalfeierdag.
2025-05-12 Decisioun fir Aarbechten op de Gemengeweeër fir d'Joer 2026.
2025-05-13 Entscheedung iwwer de Gebrauch vum Virkafsrecht fir verschidde Parzellen zu Chrëschtnech.
2025-05-14 Ufro fir Morcellementer vun Terrainen zu Chrëschtnech.
2025-05-15 Konventioun fir d'Joer 2025 mam Club Aktiv Plus „An der Loupescht" .
2025-05-16 Finanzéierungsofkommes tëscht der Gemeng Waldbëlleg an dem Syndicat d'initiative vun der Gemeng Waldbëlleg.
2025-05-17 Emphytéotesche Bail mam Syndicat d'initiative vun der Waldbëlleger Gemeng.
2025-05-18 Taxe-Reglement betreffend d'Tariffer fir d'Offallentsuergung an der Gemeng Waldbëlleg.
2025-05-19 Upasse vun de Gemengesubsiden fir de rationelle Gebrauch vun Energien an d'Entwécklung vun erneierbaren Energien am Logementsberäich.
2025-05-20 Subsidufroen.
2025-05-21 Verschiddenes.

Konform zum Artikel 13 vum geännerte Gesetz vum 13. Dezember 1988 huet de Schäffe Romain Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, deen heite Punkt op d'Dagesuerdnung ze setzen:

2025-05-22 Ännerunge vun de Pachtbedingunge fir d'Gemengenterraine vun der Waldbëlleger Gemeng.

**De Gemengerot:**

1. entscheet eestëmmeg déi definitiv Nominatioun vun der Madamm Habscheid Laurence, als Gemengebeamten an der Carrière B1, am administrative Beräich fir de Service vun de Bauten op den 1. Oktober 2025,

2. entscheet eenheetlech, den Encadrementsplang 2025/2026 unzehuelen,

3. entscheet eestëmmeg, dei heite Budgetsännerungen unzehuelen, fir déi heite Kreditter aus dem iwwerpréifte Budget 2024 op de Budget 2025 ze iwwerdroen betreffend d'Einnamen a Form vu staatleche Subsiden:

    - Holzheizung mat Wärmenetz mam Montant vun 355.637,00 €,
    - Erweiderung vun der Maison relais – Ëmbau vum Concierge-Haus mam Montant vun 51.500,00 €,
    - Erweiderung vun der Maison relais mam Montant vu 630.000,00 €,
    - Aarbechten un der „Bëllegerbaach" am Möllerdall no den Iwwerschwemmungen am Joer 2018 mam Montant vun 1.571.945,00 €,

4. entscheet eestëmmeg, déi vum Schäfferot proposéiert Ännerungen am ordinäre Budget mat engem Montant vun zousätzlechen Ausgaben vun 63.859,18 € unzehuelen,

5. entscheet eestëmmeg, e Prêt vun 3.500.000,00 € bei enger Bank opzehuelen fir d'Realisatioun vu verschiddenen extraordinären Aarbechten,

**6.** stëmmt eestëmmeg den Ofrechnunge fir extraordinär Aarbechten zou:

a) Erweiderung vun der Maison relais:

- effektiv Käschten 915.830,13 €
- accordéierten Devis 879.360,44 €,

b) Holzheizung mat Wärmenetz:

- effektiv Käschten 3.902.561,33 €
- accordéierten Devis 3.461.786,70 €,

c) Ëmbau vun der Maison relais:

- effektiv Käschten 1.181.880,47 €
- accordéierten Devis 1.819.701,74 €,

**7.** entscheet eestëmmeg,

- fir d'Steierjoer 2026 de selwechte Multiplikatiounstaux vun 300 % fir d'Grondsteier B op déi verschidden Immobiliekategorien festzeleeën,
- den Taux vun der Grondsteier A op 300 % festzeleeën,

**8.** entscheet eestëmmeg, de Multiplikatiounstaux vun der Gewerbesteier an der Gemeng Waldbëlleg fir d'Steierjoer 2026 op 250 % festzeleeën,

**9.** entscheet eestëmmeg, d'Entschiedegung op 18 € d'Stonn festzeleeën fir déi Leit, déi geleeëntlech schaffen op de Receptiounen a Festivitéiten, déi vun der Gemeng organiséiert ginn,

**10.** entscheet eestëmmeg, d'Éierung fir verdéngschtvoll Sportler wéi hei drënner festzeleeën:

- 100 € fir individuell Sportler,
- 500 € fir all eenzel Sportsekipp,

**11.** accordéiert eestëmmeg, dem Club des Jeunes e Subside vu 400 € fir séng Déngschter wärend de Festivitéite fir Nationalfeierdag 2025 ze ginn,

**12.** hëlt eenheetlech de Joresprogramm 2026 un, fir d'Aarbechten op dëse Gemengeweeër:

| Uertschaft | Sektioun | Plaz | Aart vun den Aarbechten | Längt |
|---|---|---|---|---|
| Waldbëlleg | B | Rothhoecht | opfëllen | +/- 1500 m |
| Waldbëlleg | B | Seitert | reprofiléieren an opbrénge vun enger dichter waarmer Asphaltmëschung | +/- 950 m |

**13.** entscheet säi Virkafsrecht net geltend ze maache fir d'Parzellen:

- Sektioun C vu Chrëschtnech, ageschriwwen am Kadaster ënner den Nummere 1571/3336, 1695, 1696/3289, 1697 a 1699,
- Sektioun C vu Chrëschtnech, ageschriwwen am Kadaster ënner der Nummer 2024/4344,
- Sektioun C vu Chrëschtnech ageschriwwen am Kadaster ënner den Nummere 554/4767 a 554/4768,

**14.** entscheet eestëmmeg,

2) säin Accord ze gi fir de Morcellement vun engem Terrain, ageschriwwen am Kadaster ënner der Nummer 2024/4344, Sektioun C vu Chrëschtnech, an dräi Parzellen,

3) säin Accord ze gi fir de Projet vun der Fusioun vun 2 Parzellen, ageschriwwen ënner den Nummere 554/4767 a 554/4768, Sektioun C vu Chrëschtnech, an eng Parzell,

**15.** entscheet eestëmmeg, d'Konventioun fir d'Joer 2025 mam Club Aktiv Plus „An der Loupescht" ze approuvéieren,

**16.** approuvéiert eestëmmeg d'Finanzéierungsofkommes mam Syndikat vun der Gemeng Waldbëlleg am Kontext vun der Schafung vu Parkplaze fir Camperen a speziell Iwwernuechtungskabaiserchер op engem kommunalen Terrain am Mëllerdall, deem säin Zweck et ass, d'Konditioune vun der Finanzéierung vum Amenagement vun dësem Projet ze reegelen,

**17.** decidéiert eestëmmeg, dem laangfristege Pachtvertrag zouzestëmmen, dee mam Syndikat vun

der Gemeng Waldbëlleg am Kontext vun der Schafung vu Parkplaze fir Camperen a vu speziellen Iwwernuechtungskabaisercher op kommunalem Terrain am Mëllerdall ofgeschloss gouf, an deen d'Bereetstellung vun dësem Terrain reegelt, ewéi d'Dauer, d'Käschten, den Ënnerhalt an d'Klauselen a Konditiounen,

**18.** entscheet eestëmmeg, mat Wierkung op den 1. Januar 2026 nei Tariffer fir d'Gestioun vum Offall an der Gemeng Waldbëlleg festzeleeën, fir all d'Käschten ofzedecken, déi fir d'Gemeng an der Offallwirtschaft entstinn, ugepasst un d'Quantitéite vum tatsächlech produzéierten Offall,

**19.** decidéiert d'kommunal Subventiounen am Beräich vun der Färderung vun der rationaler Notzung vun Energie an der Entwécklung vun erneierbaren Energien am Wunnengssecteur unzepassen,

**20.** entscheet eestëmmeg, den heite Veräiner e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

- Tukwataniise asbl
- Noël de la rue asbl
- Lux-Lagos asbl
- Ambulanz Wonsch asbl
- Natur&Ëmwelt Fleegestatioun fir wëll Déieren

**21.** Verschiddenes,

**22.** decidéiert eestëmmeg, d'Ännerung vun de Verpachtungsbedingunge vum Gemengeland Waldbëlleg unzehuelen, fir esou d'Land am Besëtz vun der Gemeng zu Gonschte vum Erhale vun der Biodiversitéit an dem Schutz vun de Gewässer ze notzen.




*Foto: Damaris*

# CONSEIL COMMUNAL

Les décisions du conseil communal, sont publiées au bulletin communal FUUSS. Il n'existe pas de rapport intégral des discussions.

Les débats sont enregistrés et publiés comme fichier audio sur le site ***www.waldbillig.lu*** pendant six mois, sous la rubrique ***Quotidien*** avec l'intitulé ***Séance du conseil communal***.

# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2025/2

**Séance du lundi 28.04.2025**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// MEYERS Corinne,
// TOBES Romain, échevins,
// BERENS Christian,
// BENDER Maxime,
// BOONEN Serge,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Absent/Excusé :

// GOEDERT Jeannot, conseiller
GOEDERT Jeannot, conseiller, a donné procuration à TOBES Romain, échevin, pour voter en son nom.

**Ordre du Jour :**

| | |
|---|---|
| | **Séance à huis clos** |
| 2025-03-01 | Affaire de personnel communal. |
| | **Séance publique** |
| 2025-03-02 | Création d'un poste pour les besoins du service des bâtisses. |
| 2025-03-03 | Démission du délégué communal au sein du conseil d'administration de l'office social à Larochette. |
| 2025-03-04 | Adaptation des critères d'obtention de la prime d'encouragement pour études universitaires ou supérieures. |
| 2025-03-05 | Convention de fourniture d'eau de source. |
| 2025-03-06 | Convention Service pour jeunes. |
| 2025-03-07 | Convention avec le lotisseur dans l'intérêt de la réalisation d'un projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Haller, au lieu-dit « rue Saint Nicolas ». |
| 2025-03-08 | Convention « Natur genéissen » avec le Natur- a Geopark Mëllerdall. |
| 2025-03-09 | Convention de mise à disposition de la commune d'une parcelle sise à Haller. |
| 2025-03-10 | Approbation d'actes notariés. |
| 2025-03-11 | Information sur le Plan pluriannuel financier 2025. |
| 2025-03-12 | Exercice du droit de préemption d'une place sise à Christnach. |
| 2025-03-13 | Demande de morcellement d'une parcelle sise à Waldbillig. |
| 2025-03-14 | Modification budgétaire ordinaire. |
| 2025-03-15 | Demande de l'a.s.b.l. Andamos de lui accorder le subside destiné aux associations implantées dans la commune. |
| 2025-03-16 | Demandes de subside. |
| 2025-03-17 | Divers. |

**Le conseil communal :**

1. accepte unanimement la démission du fonctionnaire communal David Sonnetti avec effet au 1er juillet 2025, occupé au service population,

2. décide unanimement de créer un poste de fonctionnaire communal du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif à raison de 40 heures par semaine pour assister le responsable du service des bâtisses,

3. accepte unanimement la démission du délégué communal au sein du conseil d'administration de l'office social commun à Larochette,

4. décide de demander au collège des bourgmestre et échevins de vérifier les dossiers de demande des primes d'encouragement/de mérite pour les études universitaires, dont la durée des différentes étapes ne correspond pas à celle d'autres études et ne se terminent pas forcément par l'obtention du diplôme

de bachelor ou de master et de décider sur la régularité de l'accord d'une prime,

5. approuve unanimement la convention de fourniture d'eau de source avec l'administration communale de Beaufort qui a pour objet la fourniture de l'eau en provenance des sources de la commune de Waldbillig sises au Mullerthal à la commune de Beaufort à partir du 28 février 2025 et pour une durée de 25 ans,

6. approuve unanimement la convention Services pour jeunes avec l'organisme gestionnaire Nordstadjugend a.s.b.l.,

7. marque unanimement son accord à la convention avec le lotisseur dans l'intérêt de la réalisation d'un projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Haller, au lieu-dit « rue Saint Nicolas » fixant les conditions et les obligations pour la réalisation du plan d'aménagement particulier,

8. approuve unanimement la convention « Natur genéissen » avec le Natur- a Geopark Mëllerdall,

9. approuve unanimement la convention relative à la mise à disposition d'une parcelle sise à Haller utilisée comme place publique, entre l'administration communale et les propriétaires REIFFERS-BECKER pour une durée de 10 ans,

10. décide des marquer unanimement son accord à deux actes notariés concernant l'achat de deux emprises sises à Haller,

11. le collège des bourgmestre et échevins informe le conseil communal du Plan pluriannuel financier 2025,

12. décide unanimement de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Waldbillig sous le numéro 124/4569, section C de Christnach,

13. marque unanimement son accord au projet de morcellement de la parcelle 369/4682, section B de Waldbillig, en deux lots,

14. décide de voter un crédit supplémentaire de 107.000,00 € pour la participation aux frais de la Maison relais sur base des décomptes des années précédentes,

15. décide de ne pas accorder à l'a.s.b.l. Andamos le subside destiné aux associations implantées dans la commune de Waldbillig, parce que l'a.s.b.l. concernée ne remplit pas les critères d'une association locale.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2025/3

**Séance du mardi 03.06.2025**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// MEYERS Corinne,
// TOBES Romain, échevins,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Absent/Excusé :

// BOONEN Serge, conseiller.

**Ordre du Jour :**

| | |
|---|---|
| | **Séance à huis clos** |
| 2025-04-01 | Démission d'une employée communale. |
| 2025-04-02 | Nomination de deux fonctionnaires du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif. |
| 2025-04-03 | Organisation de l'enseignement fondamental, année scolaire 2025/2026 : liste 1, proposition d'affectation et de réaffectation des candidat(e)s aux postes vacants d'instituteurs/trices de l'enseignement fondamental. |
| | **Séance publique** |
| 2025-04-04 | Organisation scolaire provisoire de l'année scolaire 2025/2026. |
| 2025-04-05 | Nomination d'un(e) délégué(e) au sein du conseil d'administration du nouvel office social. |

| | |
|---|---|
| 2025-04-06 | Décision de principe pour une coopération intercommunale dans le cadre d'un service de proximité d'agents municipaux. |
| 2025-04-07 | Convention de financement avec le Syndicat d'initiative de la commune de Waldbillig. |
| 2025-04-08 | Approbation d'une prime salariale pour un salarié communal. |
| 2025-04-09 | Approbation d'un contrat de bail. |
| 2025-04-10 | Approbation d'actes notariés. |
| 2025-04-11 | État des restants 2024. |
| 2025-04-12 | Titres de recette 2024. |
| 2025-04-13 | Modifications budgétaires ordinaires. |
| 2025-04-14 | Demande de subside extraordinaire de l'asbl Uergelfrënn Waldbëlleg. |
| 2025-04-15 | Demandes de subside. |
| 2025-04-16 | Divers. |

**Le conseil communal :**

**1.** accepte la démission de Dahm Sonia de son poste d'employée communale du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, avec effet au 31 juillet 2025,

**2.** décide unanimement de nommer De Oliveira Jorge et Kohn Gil, aux postes de fonctionnaires-stagiaires du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, pour les besoins des services population et secrétariat,

**3.** propose d'affecter :

1. Madame TRIENEKENS Tanja au poste vacant d'instituteur(trice) C1,

2. Madame HERMANN Jenny au poste vacant d'instituteur(trice) C 2-4,

3. Monsieur LECAILLON Jérôme André Guy au poste vacant d'instituteur(trice) C2-4,

**4.** accepte l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2025/2026, comme présentée par le collège des bourgmestre et échevins,

**5.** nomme Madame Schintgen Françoise au poste de déléguée de la commune de Waldbillig auprès de l'office social commun Larochette avec effet immédiat,

**6.** se prononce en faveur d'une coopération avec les communes avoisinantes de Beaufort, Bech, Berdorf, Consdorf et Heffingen dans le cadre d'un service de proximité d'agents municipaux,

**7.** décide unanimement de reporter le point en question à l'ordre du jour de la prochaine réunion du conseil communal,

**8.** accorde une prime salariale mensuelle à un salarié du service technique avec effet au 1er mai 2025,

**9.** décide de marquer son accord à un contrat de bail à durée d'une année supplémentaire, conclu avec une famille ayant fui la guerre en Ukraine,

**10.** décide de marquer son accord aux actes notariés concernant :

a. un studio sis dans le bâtiment à appartements de l'hôtel « Réserve du Mullerthal », commune de Waldbillig, section D,

b. des parcelles inscrites au cadastre de la commune de Waldbillig, d'une contenance totale de 495,95 ares, dans un but d'utilité publique,

**11.** décide à l'unanimité des voix :

1. d'admettre

| | | **Service ordinaire** | **Service extraordinaire** |
|---|---|---|---|
| en reprises provisoires | 72.837,38 EUR | 72.837,38 | |
| en décharges | 13,40 EUR | 13,40 | |
| Total | 72.850,78 EUR | 72.850,78 | |

2. d'accorder au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation de poursuivre en justice les débiteurs qui figurent au présent état avec la mention « à poursuivre »,

**12.** approuve les titres de recette de l'année budgétaire 2024,

**13.** approuve les modifications budgétaires ordinaires au montant d'une dépense supplémentaire de 63.859,18 €, présentées par le collège des bourgmestre et échevins,

**14.** décide de fixer les lignes directrices ultérieures pour l'octroi de subventions extraordinaires aux associations ayant leur siège dans la commune, et de reporter dans cette optique la décision sur la demande de subside extraordinaire en question à une prochaine réunion du conseil communal,

**15.** décide unanimement d'accorder un subside au montant de 75 € aux associations suivantes :

- Padem
- Amicale du groupe cynotechnique
- Rokku Mi Rokka asbl
- Een Häerz fir Streuner asbl
- Association nationale des victimes de la route a.s.b.l.



*Corinne Meyers. Foto: Olivier Glod*

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2025/4

**Séance du mardi 22.07.2025**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// Meyers Corinne,
// TOBES Romain, échevins,
// BERENS Christian,
// BOONEN Serge,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Absent/Excusé :

// BENDER Maxime, conseiller
BENDER Maxime, conseiller, a donné procuration à TOBES Romain, échevin, pour voter en son nom.

**Ordre du Jour :**

| | |
|---|---|
| | **Séance à huis clos** |
| 2025-05-01 | Nomination d'un fonctionnaire communal du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif pour les besoins du service des bâtisses. |
| | **Séance publique** |
| 2025-05-02 | Plan d'encadrement périscolaire 2025-2026. |
| 2025-05-03 | Modifications budgétaires extraordinaires. |
| 2025-05-04 | Modifications budgétaires ordinaires. |
| 2025-05-05 | Décision de recourir à un prêt pour la réalisation de différents travaux extraordinaires. |
| 2025-05-06 | Décomptes de travaux extraordinaires. |
| 2025-05-07 | Fixation des taux multiplicateurs de l'impôt foncier pour 2026. |
| 2025-05-08 | Fixation des taux multiplicateurs de l'impôt commercial pour 2026. |
| 2025-05-09 | Fixation d'une indemnité revenant aux travailleurs occasionnels engagés lors de réceptions et fêtes organisées par la commune. |
| 2025-05-10 | Fixation de l'Indemnité à verser aux sportifs méritants. |
| 2025-05-11 | Fixation de l'indemnité à verser au Club des Jeunes pour ses services lors des festivités organisées pour la Fête Nationale. |
| 2025-05-12 | Décision portant sur le programme annuel 2026 des travaux à effectuer dans l'intérêt de la voirie rurale. |
| 2025-05-13 | Exercice du droit de préemption de parcelles sises à Christnach. |
| 2025-05-14 | Demandes de morcellement de terrains sis à Christnach. |
| 2025-05-15 | Convention pour l'année 2025 du Club Aktiv Plus « An der Loupescht ». |

2025-05-16 Convention de financement entre la commune de Waldbillig et le Syndicat d'initiative de la commune de Waldbillig.
2025-05-17 Bail emphytéotique avec le Syndicat d'initiative de la commune de Waldbillig.
2025-05-18 Règlement-taxe des tarifs relatifs à l'enlèvement des ordures dans la commune de Waldbillig.
2025-05-19 Adaptation des subventions communales pour l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des énergies renouvelables dans le domaine du logement.
2025-05-20 Demandes de subside.
2025-05-21 Divers.

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, l'échevin Romain Tobes a demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter le point suivant à l'ordre du jour :
2025-05-22 Modification des conditions de location des terrains communaux de Waldbillig.

**Le conseil communal :**

**1.** décide unanimement la nomination définitive de Madame Habscheid Laurence au poste de fonctionnaire du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du service des bâtisses, avec effet au 1er octobre 2025 ;

**2.** adopte unanimement le plan d'encadrement périscolaire (PEP) 2025-2026,

**3.** décide unanimement d'approuver les modifications budgétaires suivantes :

report des crédits du budget rectifié de 2024 au budget 2025 de divers articles budgétaires portant sur des recettes extraordinaires, provenant de subsides étatiques pour :

- la centrale de chauffage au bois avec réseau de chaleur au montant de 355.637,00 €,
- l'extension de la Maison relais – transformation de la maison de concierge au montant de 51.500,00 €,
- l'extension de la Maison relais au montant de 630.000,00 €,
- la remise en état de la « Bëllegerbaach » à Mullerthal suite aux inondations de 2018 au montant de 1.571.945,00 €,

**4.** décide unanimement d'approuver les modifications budgétaires ordinaires proposées par le collège échevinal au montant d'une dépense supplémentaire de 63.859,18 €,

**5.** decide à l'unanimité des voix, de contracter un emprunt de 3.500.000,00 € auprès d'un institut bancaire pour la réalisation de différents travaux extraordinaires,

**6.** marque unanimement son accord aux décomptes de travaux extraordinaires suivants :

a) extension de la Maison relais :

- dépense effective 915.830,13 €
- devis approuvé 879.360,44 €,

b) centrale de chauffage au bois avec réseau de chaleur dans la rue « A Kilker » à Waldbillig :

- dépense effective 3.902.561,33 €
- devis approuvé 3.461.786,70 €,

c) transformation de la Maison relais

- dépense effective 1.181.880,47 €
- devis approuvé 1.819.701,74 €,

**7.** décide unanimement :

- de fixer pour l'année d'imposition 2026 le seul et même taux multiplicateur de l'impôt foncier B pour les différentes catégories d'immeubles à 300 %,
- de fixer le taux de l'impôt foncier A à 300 %,

**8.** décide unanimement de fixer le taux multiplicateur de l'impôt commercial dans la commune de Waldbillig pour l'année d'imposition 2026 à 250 %,

**9.** décide unanimement de fixer l'indemnité revenant aux travailleurs occasionnels engagés lors des réceptions et fêtes organisées par la commune à 18 € par heure prestée,

**10.** décide unanimement de fixer pour 2025 le tarif à accorder aux sportifs méritants comme suit :

- 100 € pour les sportifs individuels
- 500 € pour chaque équipe sportive

**11.** décide unanimement d'accorder à l'association Club des Jeunes un subside extraordinaire de 400 € pour les services assurés lors des festivités de la veille de la Fête Nationale 2025,

**12.** arrête à l'unanimité des voix, le programme annuel 2026 des travaux à effectuer dans l'intérêt de la voirie rurale comme suit :

| Localité | Section | Lieu-dit | Nature des travaux | Longueur |
|---|---|---|---|---|
| Waldbillig | B | Rothhoecht | rechargement | +/- 1500 m |
| Waldbillig | B | Seitert | reprofilage et mise en oeuvre d'enrobés denses à chaud | +/- 950 m |

**13.** décide de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant les parcelles susvisées :

- inscrites au cadastre sous les numéros 1571/3336, 1695, 1696/3289, 1697 et 1699, section C de Christnach,
- inscrite au cadastre sous le numéro 2024/4344, section C de Christnach,
- inscrites au cadastre sous les numéros 554/4767 et 554/4768, section C de Christnach,

**14.** décide unanimement :

- de marquer son accord au projet de morcellement du terrain inscrit au cadastre sous le numéro 2024/4344, section C de Christnach, en trois parcelles,
- de marquer son accord au projet de fusion de deux parcelles inscrites au cadastre de la commune de Waldbillig sous les numéros 554/4767 et 554/4768, section C de Christnach, en une seule parcelle,

**15.** décide unanimement de marquer son accord à la convention pour l'année 2025 avec le Club Aktiv Plus « An der Loupescht »,

**16.** décide unanimement de marquer son accord à la convention de financement conclue avec le Syndicat d'initiative de la commune de Waldbillig dans le cadre de la réalisation d'aires de stationnement pour camping-cars et cabanes insolites sur un terrain communal sis à Mullerthal, qui a pour objet de régler les modalités de financement des travaux d'aménagement et de fourniture de ce projet,

**17.** décide unanimement de marquer son accord au contrat de bail emphytéotique conclu avec le Syndicat d'initiative de la commune de Waldbillig dans le cadre de la réalisation d'aires de stationnement pour camping-cars et cabanes insolites sur un terrain communal sis à Mullerthal, réglant la mise à disposition de ce terrain, notamment la durée, la redevance, l'entretien et les clauses et conditions,

**18.** décide unanimement de fixer avec effet au 1er janvier 2026 de nouveaux tarifs relatifs à la gestion des déchets dans la commune de Waldbillig afin de couvrir l'ensemble des frais encourus par la commune en matière de gestion des déchets et tenir compte des quantités de déchets réellement produites,

**19.** décide d'adapter les subventions communales en matière de promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et de mise en valeur des énergies renouvelables dans le domaine du logement,

**20.** décide unanimement d'accorder un subside au montant de 75 € aux associations suivantes :

- Tukwataniise asbl
- Noël de la rue asbl
- Lux-Lagos asbl
- Ambulanz Wonsch asbl
- Natur&Ëmwelt Fleegestatioun fir wëll Déieren

**21.** divers,

**22.** décide unanimement d'adopter la modification des conditions de location des terrains communaux de Waldbillig afin d'utiliser les terrains de la propriété de la commune en faveur de la préservation de la biodiversité et de la protection des eaux.

# ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL

## Gebuerten // *Naissances*

| | | |
|---|---|---|
| **Rosman** Lima Louisa | 15.08.2025 | *Waldbëlleg* |
| **Lopes Furtado** Jayden Lucas | 19.08.2025 | *Chrëschtnech* |
| **Brinck** Chloé | 30.08.2025 | *Chrëschtnech* |
| **Silva de Paula** Gaël Felipe | 11.09.2025 | *Waldbëlleg* |
| **Larry** Anna | 15.09.2025 | *Fléckenhaff* |
| **Touffet** Adrovic Elisa | 22.09.2025 | *Haler* |
| **Pires dos Santos** Matteo | 22.09.2025 | *Haler* |

## Stierffäll // *Décès*

| | | |
|---|---|---|
| **Pelletier** Laurent Francis Daniel | 01.08.2025 | *Chrëschtnech* |
| **Bossi** Daniela | 06.08.2025 | *Chrëschtnech* |

## Hochzäiten // *Mariages*

| | | |
|---|---|---|
| **Da Silva Coelho** Ricardo & **Trujillo Lugo** Kelly Yurani | 02.06.2025 | *Waldbëlleg* |
| **Harilanto** Hatrinionja Dallisson Younouss & **Horon** Nina | 06.06.2025 | *Waldbëlleg* |
| **Thomé** Tim & **Mladenovski** Stefani | 14.07.2025 | *Haler* |
| **Barthel** Christian & **Oé** Manuela Anne | 18.07.2025 | *Waldbëlleg* |
| **Brinck** Sam Dennis & **Fries** Sophie | 01.08.2025 | *Chrëschtnech* |
| **Schuster** Steve & **Gerson** Lynn | 08.08.2025 | *Chrëschtnech* |
| **Verschaeren** Gregory Patrick & **Keiffer** Eden Margot | 08.08.2025 | *Chrëschtnech* |
| **Pelger** Stefan & **Wilhelm** Aleksandra Maria | 14.08.2025 | *Chrëschtnech* |

# MIR GRATULÉIEREN!



D'**Kelly Yurani Trujillo Lugo** an de **Ricardo Da Silva Coelho** vu Waldbëlleg sinn den 2. Juni bestuet ginn.



D'**Nina Horon** an de **Hatrinionja Dallisson Younouss Harilanto** vu Waldbëlleg sinn de 6. Juni bestuet ginn.



D'**Stefani Mladenovski** an de **Tim Thomé** vun Haler sinn de 14. Juli bestuet ginn.





D'**Manuela Anne Oé** an de **Christian Barthel** vu Waldbëlleg sinn den 18. Juli bestuet ginn.



D'**Sophie Fries** an de **Sam Dennis Brinck** vu Chrëschtnech sinn den 1. August bestuet ginn.



D'**Lynn Gerson** an de **Steve Schuster** vu Chrëschtnech sinn den 8. August bestuet ginn.



D'**Eden Margot Keiffer** an de **Gregory Patrick Verschaeren** vu Chrëschtnech sinn den 8. August bestuet ginn.



D'**Aleksandra Maria Wilhelm** an de **Stefan Pelger** vu Chrëschtnech sinn de 14. August bestuet ginn.

*Fotoen: Gemeng Waldbëlleg*



Foto: Damaris

# INTERVIEW MAT DER SCHÄFFIN CORINNE MEYERS

**Géift Dir Iech kurz virstellen, wgl.**

Ech sinn 1972 an der Stad gebuer a wunne säitdeem zu Chrëschtnech, wou och meng Elteren a mäi Brudder mat senger Famill wunnen. Ech sinn zu Waldbëlleg an d'Primärschoul gaangen a war zu Iechternach am Lycée. Duerno sinn ech op Fenteng an d'Educateursschoul gaangen.

Säit 2006 schaffen ech am CDI zu Iechternach mat behënnerte Jugendlechen, a meng Aarbecht mécht mir immens vill Spaass.

An menger Fräizäit verbréngen ech vill Zäit mat  Famill a Frënn. Ech fuere gär mam Marco, mam Jo a mam Mara a mat onsem Hond, dem Nero, mam Camper an d'Vakanz.

Säit ech de Marco kennen, sinn ech am Hiefenecher Basket an engagéiere mech am Moment an der Jugend-kommissioun.

Ech gi gär mam Nero spadséieren a kache gär.

**Firwat sidd Dir an Politik gaangen?**

Ech si frou, mech kënne fir eis Gemeng ze engagéieren, a matzehëllefen, Projeten an eiser Gemeng ze realiséieren,



2017 sinn ech fir d'éischte Kéier an d'Gemengewale matgaangen a gouf an de Gemengerot gewielt. 2023 wor ech immens frou, dass ech nach eemol d'Vertraue vun de Bierger aus der Gemeng krut an als 3. gewielt gouf. Säitdeem sinn ech Schäffin an eiser Gemeng.



**Wei eng politesch Dossiere leien Iech perséinlech um Häerz?**

D'Schoul ass ee wichtegen Theema, wou et mam Ausbau vu fënnef neie Säll gutt virugeet. D'Maison relais huet zwee nei Säll kritt a kann d'Cafeteria benotzen, fir mat engem Cycle do an der Mëttesstonn ze iessen.

Ons eeler Generatioun soll och net vergiess ginn, an et ass wichteg, hir déi meiglech Servicer unzebidden, déi si brauch.

Et ass wichtig, ee Gesamtkonzept fir den Tourismus am Mëllerdall ze realiseieren.

D'Waasserversuergung soll fir ons Gemeng séchergestallt sinn a bleiwen. Awer och d'Ofwaasser, eng nei Kläranlag an den Héichwaasserschutz spillen eng grouss Roll.

**Soll eng kleng Gemeng wéi Waldbëlleg onofhängeg bleiwen?**

Ech sinn der Meenung, dass ons Gemeng soll onofhängeg bleiwen, well mir vun Infrastrukturen an Servicer vill ze bidden hunn an een esou och méi no bei senge Bierger ass.



Mir hunn eng gutt Zesummenaarbecht mat onsen Noperschgemengen an och mat den anere Gemengen aus dem Osten. Do goufe scho verschidde Projete realiseiert, souwéi och als Naturparkgemeng um regionale Niveau.

**Wat si fir Iech perséinlech d'Unzéiungspunkte vun eiser Gemeng, firwat lieft Dir gär do? Wat kéint besser sinn?**

An eiser Gemeng hu mir eng wonnerschein Natur, an si läit am Häerz vum Naturpark Mëllerdall. De Schéissendëmpel an de Mëllerdall zéien alljoers ganz vill Touristen, awer och Lëtzebuerger, un an dat mécht ons Gemeng zu enger vun den attraktiivste Plazen am Land. Mat der Camperstellplatz, déi am Mëllerdall realiseiert gëtt, kënnt eng weider Offer am Mëllerdall bäi.

Ech wunne gär an eiser Gemeng, an hei ass män Doheem, wou ech vill Noperen a Leit scho laang kennen, an dat ass et, wat eis Gemeng fir mech esou eenzegaarteg mécht.

*Fotoen: Famill Di Giambattista-Meyers*

# INTERVIEW MAM PIT LARRY
## vum technesche Service vun der Gemeng

**Wéi sidd Dir bei d'Gemeng Waldbëlleg komm?**

Ech hunn deemools, also 2014, d'Annonce an der Zeitung gelies, dass d'Waldbëlleger Gemeng en Handwierker sicht. Well ech an der Gemeng wunnen, hunn ech dat interessant fonnt an hu meng Kandidatur gestallt. Doropshi sinn ech an den Entretien geruff a kuerz duerno agestallt ginn.

**Wéi laang maacht Dir deen Job schonns?**

Wéi schonn erwäänt, hunn ech am Dezember 2014 zu Waldbëlleg op der Gemeng als Handwierker ugefaang. Säitdeem hunn ech all Zort Aarbechte gemaach, déi grad ugefall sinn. Ma meng eigentlech Aufgab, fir déi ech och agestallt gouf, war et, am Atelier als Mecanicien un de Gefierer ze schaffen.





Well ech awer schonn Erfarung op menger viregter Aarbechtsplaz am Service des eaux konnt sammelen, hunn ech dem Fernand Huss reegelméisseg am Waasser-zerwiss gehollef. Séier war dunn och fir mech kloer, dass deen Zerwiss mech extra géif interesséieren.

Eng Partie Joren duerno ass mir d'Propos gemaach ginn, fir e Fonctionnaireposte fir d'Responsabilitéit vum Drénkwaasser ze iwwerhuelen. Dofir hunn ech dunn déi néideg Exame gemaach, hunn 2022 de Stage ugefaang a sinn am November 2023 assermentéiert ginn. Säitdeem këmmeren ech mech nieft de Gefierer och ëm d'Drénkwaasser an eiser Gemeng.

**Wat sinn déi gutt Säiten dovun?**

Ech fannen et schéin, Verantwortung kënne fir eppes ze iwwerhuelen, dat fir eis alleguer immens wichteg ass. Wa mir kee proppert Drénkwaasser hätten, da géife mir all virun engem grousse Probleem stoen.

Mir sinn och eng kleng Ekipp am Service technique, dat mécht den Echange méi einfach.





Ausserdeem wunnen ech scho säit ëmmer an der Gemeng. Doduerch ass net just mäi Wee op d'Schaff immens kuerz, ma ech kennen och vill Awunner a quasi all Eck hei aus der Géigend.

**Wat sinn d'Erausfuerderungen?**

Well eis Gemeng Waasser un aner Gemenge verkeeft, hu mir och eng gewësse Responsabilitéit vis-à-vis vun dëse Gemengen. Mir musse si zu all Moment mat proppere\m Waasser kënne versuergen an och kucken, dass si es genuch kréien. An Zäiten, wou et net vill reent an et am Summer mol richteg waarm gëtt, muss een dat am A behalen.

Eng aner Erausfuerderung ass et, de Waasserreseau ze kennen, fir zu all Moment intervenéieren ze kënnen. Dofir muss ee wëssen, wou déi verschidden ënnerierdesch Leitunge leien a wéi se verlafen.

Verantwortung ze hunn, bedeit och disponibel ze sinn. Wa mir eng Fuite hunn, oder en Depannage ze maachen ass, da muss ech erreechbar sinn. Och mol owes no der Aarbecht, moies fréi oder weekends.

**Wou hutt Dir virdru geschafft?**

Bis 2011 hunn ech op der Agrotechnic zu Feelen geschafft, wou ech och 2008 meng Léier als Mecanicien fir landwirtschaftlech Maschinnen ofgeschloss hunn. Du sinn ech op d'Ettelbrécker Gemeng gewiesselt an hunn do am Service des eaux geschafft, wou ech vill Erfarung konnt sammelen, fir meng Aarbecht haut gutt ze maachen. 2014 hunn ech de Meeschterbréif a mengem Beruff gemaach.

**Wat géift Dir Iech fir d'Zukunft an Ärem Beruff wënschen?**

Ech géif mir wënschen, weiderhin an enger klenger Ekipp kënnen ze schaffen, wou ee sech gutt versteet. An enger klenger Gemeng sinn déi administrativ Weeër am Prinzip kuerz an d'Kommunikatioun gutt. Dat läit mir besonnesch um Häerz.

**Fannt Dir, datt et sech gutt an eiser Gemeng liewe léisst?**

Jo! Mir hunn immens schéi Spadséierweeër bei eis an der Gemeng, an zwar net nëmmen am Mëllerdall. Et ass och flott, dass mir erëm e puer kleng Commercen an der Gemeng hunn, wou een dat néidegst akafe kann. Et wier schéin, wann dës Offer sech an deenen nächste Joren nach kéint vergréisseren.

Dat eenzegt, dat ech bedaueren, ass, dass d'Veräinsliewen an deene leschte Jore manner ginn ass. Dat bedeit och, dass d'Festivitéite méi schwéier ze organiséieren sinn. Dat fannen ech schued, well d'Veräiner an d'Festivitéiten erméiglechen d'Zesummekomme vun de Bierger.

**Wou wunnt Dir elo?**

Ech wunnen um Fléckenhaff zu Haler. Hei wunnen ech schonn, säit ech op d'Welt komm sinn.

**Wat maacht Dir am léifsten, wann Dir no der Aarbecht heemkommt?**

Ech hunn doheem e klenge landwirtschaftleche Betrib mat Highlänner, vun Zäit zu Zäit e puer Schwäin an zwou Geessen. No der Aarbecht op der Gemeng këmmeren ech mech ëm eis Déieren oder maache soss Aarbechten, déi grad ufalen. Ech verbréngen awer och gär Zäit mat menger Famill. Meng Fra an ech gi gär zesumme spadséieren a kachen owes zesummen. Deemnächst ginn ech och fir d'éischte Kéier Papp a freeë mech schonn op dësen neien Defi.

*Fotoen: Famill Larry*

# VEREEDEGUNG VUN ZWEE NEIE BEAMTEN



*Vereedegung vum Jorge de Oliveira.*



*Vereedegung vum Gil Kohn.*

Den 3. Juni kruten zwee nei Beamten hir provisoresch Nominatioun fir an d'Administratioun.

De Jorge de Oliveira vun Haler huet den 1. Juli an der Fonctionairescarrière bei eis an der Gemeng ugefaang. Hie gouf schonn an d'Dossiere vum Populatiounsbüro agewisen an hëlleft am Sekretariat. De Jorge huet vill professionell Erfarung am Privatsecteur gesammelt, ier hien den Admissibilitéitsexamen fir bei d'Gemeng gemaach huet. De Jorge ass den 22. Juli vereedegt ginn, esou wéi d'Gesetz dat virgesäit.

De Gil Kohn vu Meechtem huet den 1. August säin Déngscht op eiser Gemeng ugefaang. De Gil schafft am Populatiounsbüro an am Etat civil a geet och dem Sekretariat zu Hand. Ier de Gil den Examen fir op d'Gemeng gemaach huet, huet hien um Passbüro geschafft an do schonn Erfarunge gesammelt, déi fir de Beräich, an deem hien elo schafft, vun Notze sinn. De Gil ass den 12. August vereedegt ginn.

De Jorge an de Gil maachen elo de Stage an der B1 Carrière, ier si no engem weideren Examen definitiv als Fonctionnairen agestallt ginn.

No där kuerzer Zäit, déi béid Beamten op eiser Gemeng schaffen, kënne mir mat guddem Gefill soen, dass si engagéiert sinn, a sech asetzen, fir eis Gemeng weiderzebréngen. Mir wënschen hinne vill Freed a Satisfaktioun op eiser Gemeng!

*Text a Fotoen: Martine Dimmer*

# MERCI, ANNE-ROSE SIMON!



D'Madamm Anne-Rose Simon ass 2005 an de Gemengerot gewielt ginn a war bis d'Walen 2017 Conseillère vun eiser Gemeng.

Op den 1. Januar 2010 ass si Delegéiert genannt gi vun eiser Gemeng am Conseil d'administration vum Office social vun de Gemenge Fëschbech, Hiefenech, Fiels, Noumer, Ärenzdallgemeng (deemools d'Gemengen Iermsdref a Miedernach) a Waldbëlleg. Si huet eis Gemeng do bis den 31. Mee 2025 vertrueden, déi leschten Zäit esouguer als Presidentin.

Am Numm vun der Gemeng huet de Schäfferot der Madamm Simon den 10. Juni häerzlech Merci gesot fir hire laangjäregen Asaz zu Gonschte vun de Mënschen an Nout an hir e klenge Kaddo iwwerreecht.

*Text: Martine Dimmer*
*Foto: Joëlle Duschang*

# DAG VUN DER GEMENG



Den 21. Juli war Gemengendag zu Waldbëlleg, fir d'Membere vum Gemengerot an d'Personal vun der Gemeng.

Nom Gemengerot moies sinn se zesummen an de Mëllerdall op d'Heringer Millen iesse gaangen. Duerno goufe verschidde Projete vun der Gemeng besicht, och de Camping zu Bäerdref.

Owes gouf bei der Cafeteria zu Waldbëlleg mat alle Mataarbechter vun der Gemeng gegrillt.

*Fotoen: Laurinda Torres Bessa, Martine Dimmer*





# BUERGERMEESCHTERDAG



De Buergermeeschterdag 2025 war de 5. Juni zu Munneref, organiséiert vun der Gemeng Munneref. D'Theema war Klima & Ëmwelt.

Vu Waldbëlleg hunn d'Administratioun an de Gemengerot zesummen deelgeholl.

*Foto: E Participant aus enger aner Gemeng*



# ÉISCHT HËLLEF





Op der Gemeng gouf en Éischt-Héllef-Cours organiséiert, fir déi Mataarbechter, déi wollte matmaachen.

De Cours ass iwwer véier Dënschdeger gaangen, vum 3. bis de 24. Juni, allkéiers vu mëttes 2 bis 6 Auer.

De Cours ass gehale ginn vum Här Mathias Zimmer vum CGDIS.

*Fotoen: Martine Dimmer*






*Foto: Damaris*

# SCHOUL & MAISON RELAIS // *ÉCOLE & MAISON RELAIS*



*Foto: Maison relais*

## SCHOUL



# Kleng Fuerscher entdecken d'Welt vun de Beien

Am 3. Trimester hunn d'Kanner aus dem Precoce sech intensiv mam faszinéierende Liewe vun de Beien auserneegesat. Mat vill Freed a Virwëtz hunn si Schrëtt fir Schrëtt entdeckt, wéi wichteg dës kleng Déiere fir d'Natur a fir eis Mënsche sinn.

De Projet huet mat engem Theaterstéck ugefaangen, dat hinnen d'Welt vun de Beie méi nobruecht huet. Duerno hunn d'Kanner allerlee gebastelt an erfuerscht: Wéi gesäit de Kierper vun enger Bei aus? Wéi moolt een eng Bei? Wéi schmaacht den Hunneg? Wou wunnen d'Beien? Wee lieft am Beiestack a wéi eng Aufgabe ginn et do?

Fir hiert Wëssen och mat heem huelen ze kënnen, hunn d'Kanner eng Erzielkëscht gebastelt. Doduerch konnten si och den Elteren doheem erzielen a weisen, wat si alles geléiert hunn.

Als Ofschloss goung et fir si op den Iechternacher Séi. Hei haten d'Kanner d'Méiglechkeet, d'Beie ganz no an an hirem natierleche Liewensraum ze gesinn. Als Erënnerung hunn si nach eng Käerz aus Beiewues selwer geformt, déi si mat heem geholl hunn.







## Op Besuch am Reitstall

Zum Schluss vum Schouljoer, hunn sech d'Kanner aus dem Precoce op en Ausfluch op Brouch an de Reitstall bei der Mouck gemaach. Hei hunn si vill Interessantes iwwer d'Päerd geléiert a konnte souguer beim Botze mathëllefen.

Als Highlight ass all Kand eng Ronn um Päerd an der Reithal gefouert ginn – e richtege Moment vu Stolz a Freed.

*D'Equipe aus dem Precoce*

## Der Verkehrsgarten

Der Zyklus 4 war in den Verkehrsgarten in Hosingen. Dort trafen wir zwei Polizisten. Sie haben uns erst ein paar wichtige Regeln zum Fahrradfahren auf der Straße erklärt. Danach bekamen wir ein Fahrrad. Die Polizisten haben mit uns verschiedene Übungen gemacht. Als Gewinner bekam man eine M&M Tüte (also haben wir uns extra Mühe gegeben). Nachher haben wir gepicknickt und uns ausgeruht. Später haben wir noch einmal Übungen gemacht und dann durften wir frei fahren. Der Tag war wirklich toll!

Danke, dass wir diesen Ausflug machen durften.

*Mara C. & Kira*

# Der Schulgarten in Waldbillig

In unserer Schule haben wir seit diesem Jahr wieder einen Schulgarten. Darin haben wir in einem Hochbeet verschiedene Gemüsesorten angepflanzt, zum Beispiel Radieschen und Möhren.

Julie Welter kümmert sich im Zyklus 4 um den Garten und sie bastelt auch ab und zu mit uns Sachen für in den Garten z.B. Ohrwurmhäuser, Rankhilfen oder Ollas. Regelmäßig grubbern wir den Boden und gießen die Blumen. Am Anfang hat eine Gruppe die Pflanzen gesät und eine andere Gruppe hat Steine beschriftet, damit wir wissen, welche Pflanze wo wächst.

Auch die Zyklen 2 und 3 haben ein Hochbeet. Den Kindern macht es viel Spaß, im Garten zu arbeiten.

Danke an die Gemeinde und die Gemeindearbeiter für das Hochbeet!

*Sidney & Tom*








# NEIES AUS DER MAISON RELAIS



De Vëlosprojet mam Cycle 4 ass am leschten Trimester ëmmer méindes erausgefuer.

Den Hausgaart mam Hochbeet an der Zär si gutt genotzt ginn an alles, wat gewuess ass, ass mat de Kanner erageholl a verschafft ginn.





De Cycle 2 huet d'lescht Trimester um Projet „Op Kannerféiss duerch d'Welt 2025“ deelgeholl a fläisseg gréng Meile gesammelt.

D'Maison relais huet de Renertcup nees agefouert. Do hunn d'Kanner aus verschiddene Maison-relaise géintenee Fussball gespillt. Et war super flott!



D'Kanner aus C2 bis C4 hunn och dëst Joer nees um „Mini Lënster“ zu Jonglënster deelgeholl.

An der Schoulvakanz si verschidden Ausflich gemaach ginn, ewéi an den Zoo vun Amnéville, an d'Phantasialand an an de Vitarium. D'Kanner ware ganz zefridden domadder.



*Text a Fotoen: Christiane Seil*


























*Foto: de Comité vum Turnveräin Ëmmer Fit*

# VERÄINER // *ASSOCIATIONS*



# NEWS ËMMER FIT WALDBËLLEG

Virum Summer, méindes de 14. Juli, war eise leschten Training fir d'Saison 24/25.

Eis Traineren Agata a Fränz haten eis e flotten Training preparéiert a mir hunn emol all zesumme „geturnt".

Um Programm: e Soft-Classic-Men-Mixed-Training, dono als Ofschloss vun der Saison en Häppchen an e Pättchen am Café Dina.

Wéi schonn déi aner Joren, hu mir och dëse Summer erëm eise Summer-Fit-Grupp aktivéiert, wou mir eis a klenge Gruppen treffen, fir zesumme sportlech aktiv ze sinn.

Vum Trëppel- a Laftour bis zum Outdoor-Training am Schoulhaff: Et ass ëmmer rëm flott.
















## Samschdes, den 20. September:

neie flotten Event, den Ëmmer Fit Charity – no dem Motto: Zesummen aktiv fir de gudden Zweck.

Iddi: zesummen aktiv Ronne ronderëm den Iechternacher Séi fir de gudden Zweck maachen, all Ronn gëtt vum Veräin gesponsert an d'Sue gi fir e gudden Zweck gespent. Am nächste FUUSS kommen heizou sécherlech nach weider Informatiounen no.

## Méindes, den 22. September: Start an déi nei Saison.

Dëst Joer mat 3 fixe Gruppen. Et huet sech gewisen, datt och d'Männer aus eiser Gemeng sech gäre fit halen a méindes owes an d'Sportshal op Waldbëlleg kommen.

Dofir hu mir no eiser Testphas dëst och an eise festen Ëmmer-Fit Programm mat opgeholl.

**Mir bidden déi heite Coursen un:**

vun 18:30 - 19:30 Auer de Soft-Gym oder Gymnastique douce, direkt dono vun 19:30 - 20:30 Auer de gewinnte Classic Workout fir d'Dammen ënner der Leedung vun der Agata Klimek, a vun 20:30 - 21:30 Auer trainéieren d'Männer mam Fränz Rischette.


Wien elo virwëtzeg ginn ass an sech och gäre fit hale well, ka ganz gären emol méindes owes bis laanscht luusse kommen.

**Den éischte Schnupper-Cours ass gratis.**

Mir freeën eis op Iech a verbleiwe mat
léiwen a sportleche Gréiss

Turnveräin ËMMER FIT
***emmer.fit@gmail.com***

*Text a Fotoen: de Comité vum Turnveräin Ëmmer Fit*


ËMMER FIT
1. Schnuppercours
= GRATIS !
wou & wéini ?
ab dem 22. September
all Méindeg zu Waldbëlleg an der Sportshal
• 18h30 - 19h30 SOFT-Gym by Agata
• 19h30 - 20h30 "CLASSIC" Work-Out by Agata
• 20h30 - 21h30 MEN's Work-Out by Fränz
Saison: September 2025 - Juli 2026
Saisons-Abo pro Cours: 150,00€
Studenten 100,00€
motivéiert?
da mell dech bei eis
emmer.fit@gmail.com
oder um 691 47 86 48

# JONK & AL

Hei sinn e puer Impressioune vun eisen Aktivitéiten iwwer d'lescht Joer.

Ugefaange mat der **Chrëschtfeier**, déi den Ofschloss markéiert huet vun 2024. Si war wéi ëmmer gutt besicht, an de Gesang Haler, Waldbëlleg, Beefort huet eis an déi richteg Chrëschtstëmmung bruecht. Eis Tombola hat nees ee grousse Succès. Och wann net all Lous ee Gewënner war, esou ass dach kee mat eidelen Hänn heemgaang. Et war dem Kommitee vu Jonk & Al och ee Pleséier, der Asbl Andamos vu Waldbëlleg een Don ze iwwerreechen an Héicht vu 500 €, deen den Här Luc Azzeri bei dëser Gelegenheet entgéintgeholl huet.













**Choucroutesiessen**, de 26. Januar an der Cafeteria vun der Sportshal, wou mir och dëst Joer mat ville Memberen an hirer Famill ee schéinen Nomëtteg konnte verbréngen.















**Generalversammlung**, den 18. Mäerz um Kärespäicher, wou mat der Begréissung vum President Willy Smit an dem Aktivitéitsbericht, virgedroe vun der Henriette Baden, den Ordre du jour ugefaange ginn ass. Weider um Programm stoungen de Rapport vun der Keess, wou d'Keesserevisorinnen Yvonne Koch a Cécile Welter d'Richtegkeet vun der Keess confirméiert hunn. Per Acclamatioun sinn d'Neibestëmmunge vun de Keesserevisorinnen an och d'Wale vum Kommitee confirméiert ginn.

Als Gemengevertriederin huet d'Schäffin Corinne Meyers déi gutt Zesummenaarbecht wéi och d'Wichtegkeet vum Veräin betount am Déngscht vum drëtten Alter.

Ofgeschloss hu mir den Nomëtteg mat engem klenge Mäifelchen an engem gudde Patt.







**Journée du Grand-Âge**, de 24. Mee: d'Éierung vun de Jubilaren 2025 fir hir 75, 80, 85 a 95 Joer, mat der Gemeng zesummen am Kärespäicher. Uschléissend si mir am Restaurant Brimer um Grondhaff zerwéiert ginn. Dobäi hu mir ee fantasteschen Nomëtteg zesumme verbruecht.



**Visitt vum Kommitee vu Jonk & Al bei der Madamm Lilly Tholl**, fir hir ze gratuléiere fir hire 95. Gebuertsdag. Bei engem Glass Schampes an engem gudde Mäifelchen hu mir ee schéinen Nomëtteg am Krees vun der Famill verbruecht. Vun hei aus wënsche mir dem Lilly nach eng Kéier alles Gudds a nach vill Joren dobäi bei beschter Gesondheet a soe Merci fir deen häerzlechen Empfang.





An zu gudder Lescht d'**Dagesrees op Arel** op de Maart, de 26. Juli mat Voyages Schmit. Et sollt ee reeneregen Dag ginn, mee mir haten d'Chance op eiser Säit. Och wa moies nach de Reen eis begleet huet, esou ass dach iwwer Dag d'Sonn zum Virschäi komm. Bis Mëtteg waren d'Akafstute voll, a mir hunn eis op de Wee gemaach, fir eis am Restaurant „Les plats canailles de la Bleue Maison" zu Habay kënnen ze stäerken. Dono si mir nees op Arel gefuer, fir ënner der Leedung vun der Madame Geneviève Houbben eng Visite guidée ze maachen, mat der Feststellung, datt Geschicht vun Arel enk verbonnen ass mat där vu Lëtzebuerg. Mat engem leschte Bléck iwwer Arel vun der Areler Knippchen hu mir d'Heemrees ugetrueden mat engem kurzen Openthalt am Pall Center zu Uerwerpallen.










Mir soen eise Memberen e grousse Merci fir hir Verbonnenheet iwwer dat ganzt Joer, an hoffen lech och weider esou zuelräich kënnen ze begréisse bei eisen Aktivitéiten.

Mat beschte Gréiss vum
Kommitee vu Jonk & Al Waldbëlleg

*Text a Fotoen: Willy Smit*

# BAMBINIEN, PUPILLEN, POUSSINEN, MINIMMEN A SCOLAIREN UM FUSSBALL








D'Jugendkommissioun vum FC Olympia Chrëstnech-Waldbëlleg hat fir d'Jugendequipë vun de Kategorië Bambinis bis Scolaires zum Ofschloss vun der Saison, fir deene Klengen an och bësse méi Groussen eng Freed ze maachen a Merci ze soe fir hiren Asaz op deene verschiddene Matcher vum Championnat an Tournoie, kleng Ausflich organiséiert. D'Sue fir déi Ausflich hunn d'Kanner sech zum Deel selwer erspillt op hirem Novus Wanterturnéier zu Waldbëlleg an der Hal mat Hëllef vum Jugendcomité.

Esou waren d'Bambinis an d'Pupilles den 28. Juni op en Ausfluch an den Eifelpark op Gondorf/Bitburg, fir do e flotten Dag mat hire Kolleegen an Elteren ze verbréngen.

Des Weidere waren d'Poussins, d'Minimes an d'Scolaires den 12. Juli op Grüfflingen an d'Belsch an den Action Center, fir Lasergame ze spillen, Kart ze fueren an och Bowling ze spillen. Och si hunn e flotten Dag änner Kolleege verbruet.

Zesummen hu mir dann och nach mat alle Jugend-kategorien de 5. Juli e flott Ofschlossfest vun der Saison um syntheeteschen Terrain zu Chrëschtnech gefeiert mat grillen, Fussball spillen, Bodykicker a Sprangschlass. Hei waren natierlech nees eis Kanner an d'Elteren häerzlech agelueden a stoungen am Mëttelpunkt.

Elo gi mir nees mat vollem Elan an déi nei Saison an hoffen op genau esou vill Erfolleg wéi déi vergaange Saison.

*WIES Romain*






# D'AEROMODELLISTE VU CHRËSTNECH

An dëser Hierschteditioun vum FUUSS 2025 kucken d'Aeromodelliste gären zeréck op eng gemittlech Zäit um Fons Mehlen Airfield!

Jett neit Material gouf ageflunn, de Chalet an den Terrain goufen ënnerhalen.

A muench gemittlech Zäit, wäit ewech vu Krich a soss Ongemaach, goufen am Vugelsbësch mat eisem schéinen Hobby a frëndschaftlecher Ronn verbruecht.


Wärend de Spatz waart mam Insektekascht fir d'Jugend, ... goufen d'Aarbechten aus der Luucht mat DJI Mavic a Nemo iwwerwaacht an dokumentéiert.














D'Wissbei erfreet sech um Kléi vum Terrain.





Nei dës Saison ass en Delta-RC-Seegler vun 3 Meter Spannwäit a Steierung duerch Gewiichtsverlagerung op engem Trike, genee wéi déi grouss.

Awer och Jungfernflug vun engem 4-Meter-Paraglider, en imposant Flugbild! An ëmmer nees „Summerfeeling“ op der Terrasse bei Kaffi a Kuch.











An déi kleng Dron Nemo lant op der Hand!









Bei guddem Wand (vu Präiteler oder vu Guedber), ass natierlech reegelméisseg geschleeft ginn, Héichleeschtungsseegler wéi de Lak 17a, den DG 600 ... awer och Oldië wéi de Minimoa (hei de Maidenflight) oder den SG 38.




An d'Harespelen hunn op der selwechter Adress gebaut wéi zejoert .... a no Feierowend kréien déi kleng Spatzen en delikate Souper!

Ronderëm de Chalet mat Schiet, bei staarker Sonn oder Wand, gouf et muench gemittlech Gepoters iwwer d'Aviatioun oder soss en Topic.





Bei Froen zu den Aktivitéite vum AMC kritt Dir gären déi néideg Explikatioune beim Paul Mehlen um Tel. 621 21 91 29.

*Redaktioun a Biller: Henri Beissel, Marcel Delleré, Ali Federmeyer, Romain Hanten, Norbert Hubert, Pol Mehlen, Push Steffen*

# CLUB DES JEUNES CHRISTNACH







Och dëst Joer ware mir erëm um Landjugenddag, deen dës Kéier vun der Landjugend Zenter organiséiert gouf. Zu Biereng hu mir eis de ganzen Dag bei flotte Spiller bewisen. Dobäi war net nëmmen Teamgeescht, mee och e clevere Kapp gefrot.

Mir hunn eis beschtens ameséiert an um Enn eng super 9. Plaz erreecht.

De 4. September ware mir zesummen op d'Fouer. Hei hu mir eis bei engem gudde Maufel super ameséiert an e flotten Owend zesumme verbruecht.



*Text a Fotoen: Michèle Duschang*

**Op den heiten Datumer organiséiere mir erëm en Apero:**

28. September
16. November

Vun 11 Auer u kënnt Dir gemittlech e Patt drénke kommen an e puer flott Stonne mat eis verbréngen.

**D'ass Kiermes am Duerf**

Samschdes, den 8. November, vun 18 Auer u feiere mir Chrëstnecher Kiermes zu Waldbëlleg an der Bushal.
Et gëtt Kiermesham mat Fritten an Zalot fir 30 Euro.
Umeldung bis den 30. Oktober beim Michèle Duschang um 621 67 77 30 oder beim Nico Mehlen um 691 55 68 64.








# KALATOU ASBL

Den 19. Mee ass d'Generalversammlung vu Kalatou ofgehale ginn. Haaptuleies vun der Reunioun ware jo d'Aktivitéite vum Joer 2024, mä um Ufank vun der Versammlung huet d'Presidentin Thérèse Bagnah och iwwer hire leschten Openthalt am Togo Enn Mäerz/ Ugangs Abrëll verzielt, wou den éischte Projet vun dësem Joer ofgeschloss gouf.

Do war si mat zwee Representante vum Veräin „Le Lien du cœur" vun Hiefenech bei der Eréffnung vun der neier Schoul zu Gbantchal dobäi an huet d'Liwwerung vu Bänken an anerem Schoul- a Gesondheetsmaterial begleet – eng Tâche, déi net ouni Erausfuerderungen a Risike war, well d'Sécherheetslag am Togo, zemools am Norden, nach ugespaant ass.

D'Schoulgebai zu Gbantchal war d'Fortsetzung vun eiser Zesummenaarbecht mat „Le Lien du cœur", déi an der leschter Generalversammlung virbereet ginn ass an als éischte Projet d'Liwwerung 2024 vu Miwwelen op Nabonga hat.

Aneschters wéi zu Nabonga – wou de Projet vu Kalatou (duerch Donen vu Kiwanis, Lions a Rotary) finanzéiert gouf – ass awer de ganze Coût vum Projet Gbantchal (30.000 €), mam Transport bis an d'Haaptstad Lomé, vu „Le Lien du coeur" gedroe ginn. Den Transport vu Lomé bis an d'Région des Savanes goung op Käschte vum togoleseschen Educatiounsministère. D'Membere vu Kalatou soen heimat en häerzleche Merci fir dës Ënnerstëtzung.

Mir zitéieren hei de Rapport vum Projet Gbantchal, deen eis Vizepresidentin, Kirsten Becker, op d'Website vu Kalatou gesat huet:

« Après plusieurs mois de préparation et de travaux, l'école de Gbantchal a été achevée et officiellement remise à la communauté locale en avril 2025. La cérémonie d'inauguration a rassemblé élèves, parents, enseignants et représentants des autorités, ainsi qu'une délégation de Le Lien du Cœur a.s.b.l. et de KALATOU a.s.b.l. venus célébrer ensemble cette étape importante.

Pour l'occasion, la délégation a accompagné depuis Lomé un container complet de matériel scolaire et de mobilier généreusement offert par des communes du Luxembourg. Après un long trajet jusqu'à la région des Savanes, le chargement a été déchargé à Gbantchal : des bureaux, chaises, armoires, mais aussi des ballons et des jouets destinés aux enfants, afin de rendre l'école plus accueillante et vivante.

La quantité de matériel récoltée a permis de doter non seulement la nouvelle école de Gbantchal, mais aussi d'autres établissements des villages voisins, où des écoles avaient déjà été construites ces dernières années par KALATOU.






Le nouveau bâtiment et son équipement moderne offrent désormais aux enfants du village une école sûre et fonctionnelle. Ce projet améliore significativement les conditions d'apprentissage, la motivation des élèves et le quotidien des enseignants.

Cette réalisation concrète est le fruit d'un partenariat solidaire, de l'engagement bénévole et de la générosité de nombreux donateurs, qui ont cru en la force de l'éducation comme moteur de développement et d'espoir.

Nous remercions chaleureusement toutes les personnes et organisations qui ont contribué à faire de ce projet une réussite exemplaire. »

D'Fotoe weisen dat fäerdegt Schoulgebai zu Gbantchal vu baussen a vu bannen, an d'Eréffnungszeremonie, wou eis Presidentin an eng Delegatioun vu „Le Lien du coeur" dobäi waren.

Dëse Projet ass also op ee gutt Enn gefouert ginn, a Kalatou iwwerleet schonn deen nächsten, an zwar d'Konstruktioun vun engem ganze Schoulkomplex zu Djabonte, mat Toiletten, engem Apatame an enger Spillschoul. Dëse Projet ass dëse September lancéiert ginn.

*Text: Henry Wickens, Kirsten Becker*
*Fotoen: Thérèse Bagnah*

Natierlech si mir och fir all Don hei aus der Gemeng immens dankbar. Dat geet entweder iwwer d'Website ***kalatou.org*** oder via dëse QR-Code.

Dir kënnt och en Don maachen, andeem Dir eng Iwwerweisung op ee vun de Konte vun der Fondation Fonds interculturel maacht: Post LU53 1111 7270 7459 0000 oder BCEE LU69 0019 1000 0116 0000, wat Iech et erlaabt, Ären Don vun de Steieren ofzesetzen.

Am Comité vu Kalatou sinn:
Bagnah Thérèse (Presidentin);
Becker Kerstin (Vice-Presidentin);
Wickens Henry (Sekretär);
Stevens Elli (Caissière);
a Baden-Lobitz Danielle.

**Kontakt:**
Thérèse Bagnah,
9, rue de Christnach,
L-7680 Waldbillig,
Tel. 691 79 97 61
E-Mail: ***kalatou.info@gmail.com***




Foto: Hype.lu

# KULTUR A GESCHICHT // *CULTURE ET HISTOIRE*

Kultur|lx Arts Council Luxembourg

# INTERVIEW MAM MAXIME BENDER

*De Saxophonist Maxime Bender ass Gemengeconseiller, Direkter vum Iechternacher Trifolion säit 2020, Jazz-Musiker a -Komponist.*

*An Zesummenaarbecht mat* Kultur|lx *haten d'Organisateure vum Edinburgh Jazz and Blues Festival (10. - 20. Juli 2025) de Maxime Bender Trio (Maxime Bender, Manu Codija a Stéphane Kerecki) agelueden. Si, sou wéi aner Lëtzebuerger Artisten, z.B. Veda Bartinger, Michel Meis a Joël Metz, zielen zu der neier Generatioun vun der moderner europäescher Jazz-Zeen.*

**Fir wat ass et interessant, u sou engem renomméierte Festival deelzehuelen?**

Et ass ëmmer eng grouss Éier, op esou ee renomméierte Festival invitéiert ze ginn. Dëst war elo déi véierte Kéier, datt ech zu Edinburgh um Festival gespillt hunn, all Kéier an ënnerschiddlechen Eegeformatiounen. Meng éischt Participatioun war 2010. De Festival ass immens flott, well en op ville verschiddene Plazen an där wonnerschéiner Stad Edinburgh stattfënnt. D'Stad selwer bitt eng moleresch Kuliss, déi einfach faszinéiert. Besonnesch erausstécht den historesche Flair vun der Stad – e richtege Must fir all Harry Potter-Fan!

**Hutt dir och Workshops/Jam Sessions/Klasse ginn oder drun deelgeholl?**

Dës Kéier net, mee bei fréieren Editioune sinn ech ënner anerem zesumme mat schottesche Museks-gruppen opgetrueden.

**Wéi sidd dir empfaange ginn? Muss ee seng Ënnerbréngung selwer organiséieren?**

De Festival ass héich professionell organiséiert; d'Orga-nisatioun këmmert sech ëm alles: vum Fluch iwwer den Transfert an den Hotel bis hin zur Bün.



**Wat war den Highlight fir iech?**

En Highlight ass et ëmmer, virun engem neie Publikum ze spillen. Eng besonnesch schéin Erënnerung war, wéi eng Partie jonk Schüler beim Concert dobäi waren a mir nom Optrëtt gesot hunn, datt et hiren éischte Jazzconcert war, an datt et hinnen immens gutt gefall huet. Eng aner beréierend Anekdot war, wéi eng Koppel aus Minnesota (USA) mir sot, dass si hir Europarees mat dësem Concert ofgeschloss hunn. Si hu fonnt, datt den Optrëtt de perfekte Schluss vun hirer Rees war. Sou Momenter maachen een ëmmer immens frou, well een da spiert, datt engem seng Musek déi ënnerschiddlechst Mënsche beréiert.

*Den Echterlive Music Festival vum 24.07 - 27.07.25 am Abtei-haff huet och enorm vill Organisatioun verlaangt.*

**Wéi vill Mataarbechter ënnerstëtzen dech bei der Organisatioun vun dësem Event?**

Dëst sinn der eng ganz Partie! Mir sinn eng Equipe vu ronn 18 Leit am Trifolion – dozou kommen nach eng Rei

Studentenjobs, Freelancer a Benevollen. Am Ganze sinn iwwer de Festival bis zu 150 Persounen am Asaz. Dat erfuerdert natierlech eng grouss Koordinatioun. Ouni esou eng engagéiert Equipe, déi mat Häerzblutt dobäi ass, géif esou en Event iwwerhaapt net funktionéieren. Ech sinn immens houfreg op all eenzel Persoun, déi dozou bäidréit. Mëttlerweil si mir eng grouss Famill ginn, déi permanent weider wiisst – mat Zesummenhalt, Passioun an engem gemeinsamen Ziel.

**Wéi ass de Shuttle Service vun de Leit genotzt ginn?**

De Shuttle Service gëtt relativ vill genotzt, och wann déi aktuell Zuelen nach net virleien. Fir eis ass et wichteg, dëse Service unzebidden, fir de Visiteuren d'Méiglechkeet ze ginn, e flotten Owend ze verbréngen an duerno sécher erëm heemzekommen.

**Nohaltegkeet a Respekt fir d'Ëmwelt waren e wichtegt Theema op dësem Festival: Wéi vill hunn d'Visiteuren hei matgeschafft?**

Ech muss soen, datt mir mat eisem Publikum wierklech verwinnt sinn – et gëtt immens vill opgepasst. Et ass quasi guer keen Dreck hannerlooss ginn.

**Wéi war d'Resonanz op déi flott Aktivitéiten (Holzspiller, Stelzeleefer, Danz, Kanner schminken ... ) déi lescht 2 Deeg op der Maartplaz nomëttes?**

Eise Programm op der Maartplaz ass speziell fir Famillje konzipéiert a kënnt all Joer immens gutt un. Et geet eis drëm, souwuel déi Kleng wéi och déi Grouss ze begeeschteren. Besonnesch populär sinn déi grouss Holzspiller – se erlaben intergenerationellt Zesummespill, wou Jonk an Al gemeinsam aktiv kënne sinn. Dobäi kann





een och ganz entspaant engem Concert nolauschteren, wat fir eng besonnesch Atmosphär suergt.

*De Maxime hat och, an Zesummenaarbecht mam Elektro-museker a Komponist Napoleon Gold, eng Kompositioun vu 17 Minutte fir d'Freedefeier fir dësen Nationalfeierdag ge-schriwwen.*

**Wat waren d'Defie fir dëst Wierk?**

Et war eng ganz speziell a wonnerschéin Erfarung. Dëst ass e ganz anere kreative Prozess wéi zum Beispill beim Schreiwe vu Filmmusek. Do huet ee visuell Biller, déi ee mat Musek ënnersträiche kann, fir Emotiounen ze verstäerken oder ze leeden. An dësem Fall hat ech am Ufank näischt konkret – just eng Virstellung vun engem Feierwierk. Et komponéiert een also quasi an d'Eidelt. Den Artificier programméiert d'Feierwierk eréischt no der fäerdeger Musek. Dofir muss d'Kompositioun scho ganz fréi fäerdeg sinn – meeschtens schonn am Januar. D'Feierwierk gëtt da bestallt, oft an Asien, a kënnt iwwer Schëffer bis an Europa, vun do aus iwwer grouss Häfe bis op Lëtzebuerg. D'Musek an d'Feierwierk sollen eng Hommage u Lëtzebuerg an un eis groussherzoglech Famill sinn – eng Kombinatioun vun Traditioun a Modernitéit.

**Hat de Fait, datt dëse Nationalfeierdag dem Grand Duc Henri säi leschte war, eng Wierkung op är Kompositioun?**

Net direkt, well wéi den Optrag am leschte September koum, war nach guer net gewosst, datt et dem Grand-Duc Henri säi leschten Nationalfeierdag wier. Natierlech war et duerno eng nach méi grouss Éier fir mech, eppes zu sengem leschte Joer am Amt bäidroen ze kënnen.

**Du hues kierzlech en Album, Infinity of Sound, erausbruecht, deen dengem Jong Nicolas, gewidmet ass. Wéi eng aner Projeten sinn nach an der Pipeline?**

Ech sinn allgemeng e Mënsch, deen ëmmer iergendeng Projeten am Kapp huet. Am Hierscht vum leschte Joer hunn ech en neien Album opgeholl – zesumme mam Trio, mat deem ech och zu Edinburgh gespillt hunn. Den Album soll am Laf vum nächste Joer erauskommen. Parallel dozou sinn nach Opname mat aneren Artiste geplangt, an héchstwarscheinlech schaffen ech och un engem weideren neien Album, deen ech schonn zanter länger Zäit am Kapp droen.

**Wéi deels du dech an, fir kreativ ze sinn, op der Bün ze stoen, deng Aarbecht am Trifolion, an der Gemeng souwéi däi Familljeliewen ënnert een Hutt ze kréien?**

Ech sinn eigentlech ëmmer komplett duerchgeplangt a schaffen an enger relativ héijer Kadenz. Déi meescht, déi mat mir zesummeschaffen, wëssen, datt mäin Terminkalenner ganz voll ass. Awer trotzdeem ass et mir immens wichteg, Zäit fir meng Famill ze hunn – si ass ëmmer erëm meng Quell vun Energie a mäin Zentrum. Gläichzäiteg brauch ech vill verschidden Aufgaben an de reegelméissegen Austausch mat de Leit. Dësen direkte Kontakt ass fir mech déi gréisste Inspiratioun – an de Motor hannert all mengem Schaffen.

*Text: Isabelle Oberlé a Maxime Bender,*
*Fotoen: Maxime Bender, Hype.lu*



# D'WALDBËLLEGER MUSEK



De 17. Mee ass den traditionelle Kommiouns-Cortège an enger feierlecher Atmosphär duerch d'Stroosse vu Waldbëlleg gaangen. Eis Kommiounskanner goufe vu Famill, Frënn an der Waldbëlleger Musek begleet bis an d'Kierch.

Den 10. Juni hate Waldbëlleger Musek a Miedernacher Musek zesummen un der Iechternacher Sprangpressessioun deelgeholl.

Den 22. Juni hu mir un de Feierlechkeete vum Virowend vum Nationalfeierdag deelgeholl. Dobäi si Membere vun de Pompjeeë souwéi eiser Musikante mat enger Medaille geéiert ginn. Dës Weidere goufe Sportler a verschidden Equipen mat hire sportleche Leeschtungen ernimmt a geéiert.

De 6. Juli hate mir e Concert an der Fiels. Leider war d'Wieder net op eiser Säit, et huet gereent an et war zimmlech kal. Trotzdeem haten sech e puer musekbegeeschtert Leit net ofschrecke gelooss a sinn eis lauschtere komm.

Den 11. Juli si mir dunn op Blaaschent e Summerconcert spille gaangen. Virun eisem Concert huet d'Fanfare Hielem-Luerenzweiler mat gudder Musek an enger flotter Ambiance begeeschtert.

Den 12. Juli am Nomëtteg hate mir eisen Ofschlossconcert am Duerfkär zu Chrëschtnech. Owes hu mir eis nees all zesummen an eisem Musekssall getraff, fir gemitterlech eis Saison mat engem Pättchen an engem gudden Iessen ofzeschléissen. Dunn haten eis Musikanten eng wuel verdéngte Paus, déi kuerz ënnerbrach gouf.

De 15. August hu mir un der Maria-Himmelfaart-Pressessioun deelgeholl, déi all Joer zu Waldbëlleg stattfënnt, an hei hu mir de Cortège musikalesch ënnerstëtzt.











Du wëlls Musek maachen a sichs nach e Veräin, wou s du däin Hobby ausübe kanns?

Da mell dech bei der Waldbëlleger Musek, well mir sichen dech, ob jonk, ob Ufänger oder mat méi Erfarung.

D'Prouwe sinn ëmmer dënschdes um 20 Auer an eisem Musekssall zu Waldbëlleg.

Mir hunn de 16. September mat Prouwe fir eise Galaconcert ugefaangen.

Komm einfach laanscht oder schreif eis eng Noriicht un ***tessy.feltgen@gmail.com***.

Mir freeën eis op dech.

**SAVE THE DATE**
**Concerten fir 2025-2026:**

***8. November***
Hämmelsmarsch zu Chrëschtnech

***15. November***
Hämmelsmarsch zu Waldbëlleg

***7. Februar 2026***
Galaconcert

***27. Februar 2026***
Quizowend „NEW"

*Text: Tessy Feltgen*
*Text a Fotoen: Damaris, Olivier Glod, Tessy Feltgen*

# UERGELFRËNN WALDBËLLEG

## Festival Uergel+ Waldbëlleg 2026

D'nächst Joer 2026 feieren d'Uergelfrënn Waldbëlleg an engems zweemol Jubiläum: 30 Joer Uergelfrënn an 10 Joer Waldbëlleger Uergel. Am Mee 1996 ass nämlech de Veräin gegrënnt ginn, an am Mee 2016 gouf d'Förster-und-Nicolaus-Uergel an der Waldbëlleger Kierch ageweit.

Dëst Jubiläum gëtt also mat engem klenge Festival vun Uergelmusek gefeiert, mat zwee Concerten am Mäerz a véier am Mee.

### De Programm gesäit esou aus:

**1. Mäerz 2026:**
Blechblosensembel Quatricinia: Musek aus Renaissance a Barock, mat Juan Ullibarri (Zinken, Zurna, Duddelsak); Heather Madeira (Barock-Trompett); Leon Ni (Barock-Trombonn); Idoia Bengoa (Dulzian); Alessandro Urbano (Uergel).



*Quatricinia. Foto: Frédérique Bouchard*

**22. Mäerz 2026:**
Ensembel Ad Libitum (Dir. Rosch Mirkes) – G.F. Händel, Uergelconcertoen.
Uergel: Jos Majerus

**10. Mee 2026:**
Stefanie Duprel a Francis Lucas: „duo cembalorgano" – Musek fir Cembalo an Uergel.


**16. Mee 2026:**
Meedercherschouer „Fortissimo", Luxembourg City Conservatoire (Dir. Sylvie Serra), Marc Loewen (Uergel)



*Paul Kayser a Semjon Kalinowski. Foto: W. Steffen*

**17. Mee 2026:**
Spirit of Hanse – Paul Kayser (Uergel),
Semjon Kalinowski (Braatsch)

**31. Mee 2026:**
Recital mam Michel Krier (Uergel)



*Lawrence Bacon. Foto: Henry Wickens*

### Eisen nächste Concert:

**Sonndeg, de 26. Oktober ëm 17 Auer**.

Et spillt den Organist Lawrence Bacon vu Birmingham (GB) Wierker vun engleschen an europäesche Meeschter aus Renaissance a Barock. De Lawrence huet an de 1970er-Joren op der Uni York Musek studéiert mat Uergel als Haaptfach, ass scho säi ganzt Liewe musikalesch aktiv souwuel als Organist wéi och als Chouersänger, notamment am City of Birmingham Symphony Chorus, an ass elo Organist vun der St Laurence's Church, Northfield.


# INTERVIEW MAM KËNSCHTLER CORDELL MONSON VUN HALER



*De Cordell wunnt mat senger Famill zu Haler. Hien ass net de klassesche Kënschtler, ma éischter Konschthandwierker. Hie schnëtzt verschidden Objeten aus Holz a bitzt am Lieder.*

*Am Kader vum Meet and Greet vun der Kulturkommissioun hat hien e Workshop fir Kanner virbereet. Dobäi sollten d'Participanten e Lieszeechen an Häerzform am Lieder bitzen. Wéinst Krankheet konnt hien de Workshop awer net selwer ofhalen. Kuerzfristeg ass d'Autorin vun dësen Zeilen agesprongen an huet de Kanner d'Technik esou gutt wéi méiglech vermëttelt.*





## How long have you been practicing art/your craft?

Growing up on a farm, there was always something that needed fixing or a problem that needed solving. We lived in a rural area, so being self-sufficient was key. My father taught me to weld at an early age, and my grandfather passed down skills for repairing almost anything on the farm – whether it was carpentry, fixing engines, replacing machinery parts, or even sewing to repair truck and tractor seats. While this wasn't always directly art or craft, it was all about problem-solving, critical thinking, and often, creativity. So, in a sense, I've been honing skills related to craftsmanship for as long as I can remember.

## What are your sources of inspiration?

I had become frustrated by the fact that quality deer hide mitten shells, like those from my youth, seemed impossible to find. My last pair, bought nearly 30 years ago in North Dakota, had been repaired countless times – they kept me warm during backpacking trips in extreme cold, on mountain summits in the Rockies and the Alps. But after three decades, they were beyond repair. That's when my best friend suggested, "Why not just make our own?"





And that's exactly what we did. After crafting the first pair, I realized there was so much room for improvement, and I began experimenting with different designs. One pair led to another, and eventually, I found myself refining the design further and sharing them with friends and family who faced the same issue.

## Are there any social or personal topics that are reflected in your work?

For me, there's something deeply satisfying about creating something functional, solving a problem, and continually refining my skills. It's also a practice that allows me to be present, whether I'm sitting by a fire while camping or working quietly at home. It connects me to nature, to tradition, and to a simpler, more hands-on way of living.

## Your favorite artwork – either your own or by another artist?

I'm drawn to objects with a story – especially those that have been thoughtfully repaired, or are worn, scuffed, and scratched. You can feel the history in them, the care they've received, and the experiences they've gone through. It's a kind of artistry in itself – showing the resilience and character of an object, and the hands that have kept it going.

*Interview: Yolande Kirsch*
*Fotoen: Olivier Glod a Cordell Monson*



*Foto: Olivier Glod*

# LIEWEN AN DER GEMENG // *VIE RURALE*

# NATIONALFEIERDAG 2025



Um Virowend vu Nationalfeierdag 2025 war et de gewinnte Programm mam Cortège, dem Te Deum, der Ried vun der Buergermeeschtesch Henx-Greischer an den Éierunge vu laangjärege Membere vun de Pompjeeën an der Musek a vun erfollegräiche Membere vu Sportsveräiner.

An der Sportshal huet d'Buergermeeschtesch an hirer Ried drop higewisen, dass den Nationalfeierdag dëst Joer am Zeeche steet vun de 25 Joer um Troun vum Grand-Duc Henri, deen de 7. Oktober 2000 déi Aufgab vu sengem Papp Jean iwwerholl hat. A mir kréien den 3. Oktober 2025 en neie Grand-Duc, de Guillaume.

D'Buergermeeschtesch huet d'Stäerkt vum Land ënnerstrach, seng Awunner. Lëtzebuerg ass eenzegaarteg, well














CGDIS


CGDIS









esouvill Nationalitéite matenee liewen an zesummen zum Wuel vum Land bäidroen. De sozialen Zesummenhalt mécht et méiglech, dass eis Wäerter an och eise Liewensstandard erhale bleiwen. Si huet och de Wäert vum europäesche Raum ënnerstrach, deen zu Fridden a Fräiheet bäidréit. Viru 40 Joer gouf den Accord vu Schengen vun de Länner Frankräich, Däitschland an de Benelux-Staaten ënnerschriwwen. Domat kënnen, oder konnten, mir fräi iwwer d'Grenzen eraus schaffen a reesen, eis fräi an Europa ouni Grenzkontrolle beweegen. Déi aktuell Kontrollen op den däitsche Grenze sinn hoffentlech net vun Dauer.

Leider si Fridden a Fräiheet keng Selbstverständlechkeet méi; et gëtt Krich op ville Plazen an der Welt an och nobäi. Dofir as et wichteg, dass d'Länner vun der Europäescher Unioun enk zesummeschaffen a beieneeréckelen. Fridde bréngt Wuelstand a Freed, Krich Verloscht an Trauer. Op Nationalfeierdag ass et Traditioun, un d'Affer vun de Kricher ze denken, un déi vill Leit, déi sech dofir agesat hunn, dass dat Béist keng Iwwerhand kritt huet. D'Buergermeeschtesch huet opgeruff, hiert Undenken ze éieren.

Si huet drop higewisen, dass d'Bierger vum Land a virun allem déi Jonk eng Partie Erausfuerderungen ze meeschteren hunn, an der Famill, op der Aarbecht, an der Schoul an och an der Politik. Fir jonk Leit gëtt et ëmmer méi schwéier, sech de Wonsch vun engem eegenen Doheem ze erfëllen. Präisser an Zënsen ginn ëmmer méi deier. An eng Wunneng ze lounen, gëtt och ëmmer méi schwéier, well et sinn net genuch Wunnengen do. D'Gemeng Waldbëlleg huet sech am Pacte logement engagéiert a wëllt an den nächste Joren hiren Deel derzou bäidroen, dass et méi bezuelbar Wunnengen an eiser Gemeng ginn.

D'Buergermeeschtesch huet Merci gesot de Gemengenservicer, de Membere vun de Kommissiounen, dem







Léierpersonal, Personal a Comité vun der Maison relais, ganz besonnesch de Leit aus de Gesondheetsberuffer, dem CGDIS an der Police. An och e Merci deenen, déi bei de Feierlechkeeten eng Hand mat ugepaakt hunn, de Mataarbechter vun der Gemeng, dem Club des Jeunes, der Musek an de Pompjeeën.

Mat gudde Wënsch un all Bierger aus der Gemeng an engem dräifache Vive fir déi groussherzoglech Familljen a fir eis Heemecht Lëtzebuerg an engem vereenten Europa ass der Buergermeeschtesch hir Ried op en Enn gaangen, ier d'Nationalhymn vun der Musek gespillt a vun en alleguer zesumme gesonge gouf.

## Dono koum et zu den Éierunge fir den Nationalfeierdag 2025:

**Pompjeeën:**

Wëssenstest Bronze
- *Aziabou Yanis Salem Koffi*
- *Coenjaerts Noah*
- *Haas Liam*
- *Klein Lou*
- *Schroeder Sophie*







Médaille de l'ordre de mérite en bronze 10 Joer
- *Mehovic Erol*

Médaille de l'ordre de mérite en argent 15 Joer
- *Karier Anne*

**Dëschtennis:**

- *Chiara Gieres*

Tournoi Eurocamping Nommerlayen 03/11/2024: 3. Plaz
18e Tournoi individuel Norbert Frieden 17/11/2024: 3. Plaz
Grand-Prix AXA 2025 DT Lënster 05/01/2025: 3. Plaz
Ladies and Girls Day 23/02/2025: 3 Plaz
Coupe de Luxembourg Dames 06/04/2025: 3. Plaz
Tournois individuels:
3e Grand Prix Guido Tomassoni pour Jeunes DT Dideleng 24/05/2025: 3. Plaz

**Formula Ultimate Cup:**

Champion du championnat européen de monoplace F3
- *Enzo Richer*

**Fussball:**

*Minimes* – Opstieg Klass 4
*Scolaires* – Champion Klass 3+ Opstieg an Klass 3

**Musek:**

10 Joer • *Kerry Dullnig*
20 Joer • *Jenny Meyers*
20 Joer • *Noémie Schintgen*
30 Joer • *Daniel Boonen*
40 Joer • *Pol Mehlen*

*Text: Marc Barthelemy*
*Fotoen: Olivier Glod*



# DAT NEIT OFFALLKONZEPT

Vum 1. Januar u kritt d'Gemeng Waldbëlleg en neit Offallkonzept.

Eng Informatiounsversammlung doriwwer mam Sigre fir d'Awunner vun eiser Gemeng war de 15. Juli owes um hallwer 8 zu Waldbëlleg an der Sportshal.





Op der Foto si vu lénks de Schäffe Romain Tobes, den Här Serge Less, Direkter vum Sigre, den Här Alain Heynen, Ingenieur beim Sigre, d'Schäffin Corinne Meyers an d'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer.

*Fotoen: Chrëscht Berens, Martine Dimmer.*

### Firwat en neit Offallkonzept?

D'Zil ass d'Ëmsetzung vun den nationalen an europäeschen Direktiven an dem Prinzip vum „pollueur-payeur", fir d'Bierger ze sensibiliséieren, manner Offall ze produzéieren a méi bewosst ze recycléieren.

Et geet drëm, dass am Tarif vum Eidelmaache vun der schwaarzer Dreckskëscht, där fir de sougenannte Reschtoffall, all Fraise vun der Offallentsuergung mat abegraff sinn. All Eidelmaache kascht. Et gëtt elo mat engem elektroneschen Chip un der Këscht gezielt, wéi dacks dat geschitt. Et geet net op d'Gewiicht.

Wéi bis elo ginn et brong, blo a gréng Këschten a verschiddene Gréissten, déi ee ka kafen, a wouranner Biooffall, Pabeier a Glas kommen. D'Eidelmaache vun deene Këschten ass am Tarif mat abegraff. Blo a gréng Kierf kritt een net méi op der Gemeng, se kënnen awer momentan nach gebraucht ginn. Déi kleng brong Dreckskëscht vu 40 L gëtt och ofgeschaaft.

# Interview mat der Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer

**Beim Prinzip „pollueur-payeur" ass et an anere Gemengen alt esou, dass de Reschtoffall pro Stot gewien an op d'Gewiicht verrechent gëtt. Firwat ass dat elo hei net esou? Ass dat fir d'Zukunft geplangt?**

An enger éischter Phase setzt eis Gemeng elo mol d'Chippe vun de schwaarze Poubellen ëm, fir d'Unzuel vum Eidelmaachen ze erfaassen, esou wéi et och an anere Gemengen ëmgesat gouf, déi am Sigre sinn. Ech denken, dass d'Weien och sécher nach bei eis an d'Regioun kënnt, wann déi EU-Direktiv bis a Kraaft ass.

**Et gëtt méi deier. Geet dat duer, fir d'Onkäschten ze decken?**

Fir déi nei Taxen ze berechnen, hu mir all d'Onkäschte vun der Gemeng mat erageholl, sief et déi vum Recycling Center zu Jonglënster, wat e grousse Käschtepunkt ausmécht, d'Eidelmaache vun de Siloen zu Waldbëlleg, d'Participatioun un der Exploitatioun vum Sigre, d'Ewechhuelen a Verschaffe vum Offall.

**Wie manner Dreck produzéiert a gutt recycléiert, ka seng schwaarz Dreckskëscht just all zweet Woch erausstellen an esou Sue spueren. Mee firwat muss all Stot eng Dreckskëscht hunn? Kann ee sech net mam Noper zesummendoe fir just eng Dreckskëscht?**






Dëst ass net realisabel. Et ass nämlech obligatoresch, dass all Stot eng schwaarz Poubelle huet, an d'Taxe dofir bezilt, well doranner all d'Käschte vun der Entsuergung vum Offall mat abegraff sinn, an och déi vum Recycling Center an der Valorlux. Ech denken, dass déi Iddi mam Noper zu Diskussioune féiere géif.

**Soss dohier a Gemenge gëtt d'office déi schwaarz Dreckskëscht nëmmen all 14 Deeg eidel gemaach. Gëtt hei och dorunner geduecht?**

Menger Meenung no wier esou en Ëmschwong net am Sënn vun all Stot, wéi zum Beispill fir Leit mat klenge Kanner, déi vill Wëndelen ze entsuergen hunn. Et gëtt jo elo all Stot iwwerlooss, wéi dacks e seng Poubelle eraussetzt, dass se eidel gemaach gëtt.

**Fir manner Dreck an der schwaarzer Dreckskëscht ze hunn, kéint een Dreck bei den Noper erastoppen, oder déi faarweg Poubellë fëlle mat deem, wat net doranner gehéiert. Ginn et Kontrollen? Ass dru geduecht, Schlässer op d'Dreckskëschten ze maachen?**

Déi Froe krute mir schonn an der Informatiounsversammlung gestallt. Mir zielen op de géigesäitege Respekt vun eise Matbierger. Et gëtt awer sécher näischt, wat et net gëtt!

Jiddereen, dee seng Këschten net ënnerdaach stelle kann, dierf gären e Schlass op se all maachen. De Schäfferot huet driwwer geschwat, dass et d'Méiglechkeet vu Schlässer gëtt, mee gesäit elo dora kee Bedarf fir d'Allgemengheet. De Sigre huet dem Schäfferot mat op de Wee ginn, dass no der Entsuergung de Sigre iwwer déi verschidden Tournéeën informéiert gëtt, an notéiert , op wéi enger den Dreck an deene falsche Këschte gelant ass. De Lamesch géif da bei der nächster Kollekt kontrolléieren an déi Këschten net méi eidel maachen, déi falsch gefëllt sinn.



### Nieft de schwaarzen, brongen, bloen a grénge Këschten ginn et nach déi blo Tute vun der Valorlux. Sinn do keng Dreckskëschte geplangt?

D'Gemeng huet nach näischt dervun héieren, dass d'Valorlux-Tuten duerch eng Dreckskëscht sollten ersat ginn. D'Tute kritt een och méi einfach ënnergestallt ewéi d'Këschten. Verschidde Stéit si schonn net frou driwwer, dass déi gréng a blo Kierf net méi ausgehändegt ginn, well se d'Plaz net hunn, fir all Dreckskëscht ënnerzestellen.

### Wien ass zoustänneg fir d'Ewechhuele vun de Këschten an Tuten? Bei wiem kann ee reklaméieren, wann eppes net klappt?

D'Ewechhuele vum Dreck ass eng vun den Obligatioune vun enger Gemeng. Eis Gemeng ass am Gemengesyndikat Sigre mat dran, dee sech ëm d'Organisatioun vun der Haus-zu-Haus-Kollekt vum Offall këmmert. De Sigre huet de Lamesch beoptraagt, dëst an eiser Gemeng ze maachen. D'Valorlux selwer këmmert sech ëm d'Ewechhuele vun de bloen Tuten.

Déi Awunner, deenen hir Këschten net eidel gemaach oder hir blo Tuten net matgeholl goufen, solle sech op der Gemeng an der Populatioun mellen. Déi zoustänneg Beamte ginn d'Reklamatioun dann un de Sigre respektiv d'Valorlux weider. Ech wollt awer erwänen, dass d'Konditioun ass, dass d'Poubellen an d'Valorlux-Tute moies fréi prett do stinn, an dass den Deckel vun der schwaarzer Dreckskëscht zou ass.

### Ass virgesinn, e Bilan vum neie System ze maachen?

Éierlech gesot, esou wäit si mir nach net. Elo kucke mir mol, dat Ganzt un d'Lafen ze kréien. Mir informéieren d'Bierger iwwer d'Ännerungen unhand vun enger Brochure un all Haushalt. Déi schwaarz Dreckskëschte ginn da gechippt, fir an eng Testphas kënnen ze goen, an duerno trieden dann déi nei Taxen a Kraaft.

An eiser Gemeng ass et besonnesch ëmständlech fir unzekommen, well d'Gemeng net Proprietärin vun deene schwaarzen Dreckskëschte war. D'Gemeng huet de Bierger déi missen ofkafen. Am Viraus konnt ech mir net ausmolen, dass dës Prozedur esou vill Diskussioune géif mat sech bréngen. Eise Mataarbechter aus der Administratioun an dem technesche Service drécken ech ee groussen häerzleche Merci aus fir hir Gedold an hiren Asaz am Kader vum Ëmsetze vun der neier Offallwirtschaft.

Ech ginn dervun aus, dass, wa mir bis eng Zäit mam neie Reglement geschafft hunn, mir iwwer e Bilan nodenke wäerten. Et gi jo stänneg vun uewen erof Upassunge gefuerdert, et gëtt eis ni langweileg.



# SPRANGPRESSESSIOUN



Wéi déi Jore virdrun hat d'Gemeng en Transport op d'Sprangpressessioun organiséiert. Gefuer ass d'Pascale Wilhelmy. Déi interesséiert Bierger konnte matfueren, natierlech och d'Musek.

*Foto: Pascale Wilhelmy*

# DÉI NEI BUVETTE BEIM FCO

Méindes, de 14. Juli ëm 16 Auer huet d'Buergermeeschtesch vun der Gemeng Waldbëlleg vill Awunner aus der Gemeng um Fussballsterrain begréisst, an awer och d'Madamm Octavie Modert an d'Madamm Stefanie Weydert, Deputéierten aus dem Osten, vill Buergermeeschteschen a Buergermeeschteren, Schäffen a Conseilleren aus den Nopeschgemengen, d'Vertrieder aus dem Schäffen- a Gemengerot a vun de Kommissiounen a Veräiner a vum Personal vun der Waldbëlleger Gemeng. Vertruede waren och d'Firmaen, déi um Projet matgemaach haten.



D'Buergermeeschtesch war frou, datt déi nei Buvette konnt virun der Coupe vum FC Olympia Chrëstnech-Waldbëlleg ageweit ginn. Si huet drun erënnert, datt déi al, nach selwer gebaute Buvette, nu wierklech al gi war, kleng a limitéiert. Déi nei Buvette läit méi héich, an et gesäit een esou op de syntheteschen Terrain an op de groussen Terrain, an et konnte Gradine gebaut ginn. Et gi genuch Raimlechkeete fir Versammlungen a fir Fortbildungen oder och, fir zesumme Fussball op der Tëlee ze kucken.

Nodeems de Gemengerot decidéiert hat, eng nei Buvette ze bauen, goufen et 2020 éischt Entwërf vun engem Architektebüro, mat deem d'Gemeng awer net eens gouf. Duerno krut de Büro Daedalus vun Hiefenech de Projet, mat dem Succès vum haitege Resultat.




De Sportsministère huet en zolitte Subsid ginn. D'Buergermeeschtesch huet Merci gesot, och dem Ingenieursbureau, all de Firmaen, der Brauerei Simon, fir déi gutt Zesummenarbecht an Ënnerstëtzung, dem Jojo Tholl fir säi perséinlechen Asaz, an den direkten Noperen, der Famill Christnach, fir hir Gedold wärend dem Chantier.

Den FC Olympia Chrëstnech-Waldbëlleg ass e wichtege Veräin an der Gemeng, mat ville Memberen. De Fussballsterrain ass eng Plaz, wou d'Leit aus der Gemeng zesummekommen. Déi virbildlech Jugendaarbecht ass eng wichteg Offer fir d'Kanner an d'Jugendlecher. Dofir huet den FCO d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng.

*Text: Marc Barthelemy, Fotoen: Damaris*















Tennessee
WHISKEY












# KJT und seine Dienste

### Kanner-Jugendtelefon

Anonyme Beratung und Informationen für Kinder, Jugendliche und junge Erwachsene
Gratisnummer: 1 1 6 1 1 1

---

### Online Help

Online Beratung für Kinder und Jugendliche über www.kjt.lu
Seit 2015 auch englischsprachig für Kinder, Jugendliche und Eltern

---

### Elterentelefon

Beratung und Information für Eltern, Großeltern und Professionelle
Montags von 18 bis 20 Uhr auch auf Englisch
Gratisnummer: 8002 4444

---

### Chatberodung

Live-Chat für Jugendliche und junge Erwachsene von Jugendlichen über www.kjt.lu

---

### BEE SECURE Helpline

Beratung und Dienstleistung zur sicheren Nutzung der digitalen Medien telefonisch unter der 8002 1234 oder online

*Un service de Caritas Jeunes et Familles en association avec Kannerschlass, Croix-Rouge et la Ligue Médico-Sociale sous la convention du ministère de l'éducation, de l'enfance et de la jeunesse.*

# DE REGIONALE JUGENDSERVICE

### Wat ass de „Regionale Jugendservice" vun der Nordstadjugend?

Wéi dir vläit wësst, leescht d'Nordstadjugend, och bekannt ënner dem Kierzel „Noju", zanter 2007 op regionalem Niveau Jugendaarbecht. Nieft de Gemengen Dikrech, Ettelbréck a Biissen, wou och eis dräi Jugendhaiser ze fanne sinn, betreie mir och nach 12 weider Gemengen, wéi ënner anerem Waldbëlleg.

D'Zil vum „regionale Jugendservice" ass et, nieft den ugebuedenen Aktivitéiten, déi Jonk am Alter vun 11 bis 26 Joer ze erreechen, andeems hinnen en oppent Ouer gebueden an hinne bei alldeeglече Problematike gehollef an zur Säit gestane gëtt.



Des Weidere bidde mir, nieft villen anere Projeten, och den noju@school un, wou mir geziilt an de Klasse vum Cycle 4.2 verschidde Workshops organiséieren, wéi zum Beispill „Teambuilding" oder „Be Happy".

REGIONALE JUGEND SERVICE
Gabrielle KOX
Educatrice Graduée
7, avenue de la gare L-9233 Diekirch
M. +352 691 80 91 71
M. gabrielle@nordstadjugend.lu W. nordstadjugend.lu

### Wat kënne mir de Jonken ubidden?

Genee wéi an de Jugendhaiser zu Dikrech, Ettelbréck oder Biissen bidde mir eng ganz Rei u flotten Aktivitéiten, Projeten a Kolonien un, déi aktiv vun de Jonke kënnen, a souguer sollen, matgestalt ginn.

Falls du als Jonken interesséiert bass, awer net eleng komme wëlls, da bréng gären deng Kolleege mat.

Eis Angeboter sinn op fir all Jonk tëscht 11 a 26 Joer.

Donieft bidde mir awer och eng Plaz fir:

- sech mat Kolleegen ze treffen
- ze schwätzen, sech ze informéieren, oder Froen ze stellen
- eppes ze spillen
- oder einfach nëmmen ze chillen

### Dofir fannt dir eis all zweete Méinden am „Schoulhaff" zu Waldbëlleg.

Wann dir eis gesitt, da schwätzt eis gären un. Mir freeën eis drop iech kennenzeléieren.

Weider Informatioune fannt dir op eisem Internetsite ënner ***www.noju.lu***

*Text a Fotoen:*
*De regionale Jugendservice*



# NATIONAL GOLF DAYS AM PETITE SUISSE COUNTRY CLUB

### E Weekend voller Entdeckungen, Natur a Beweegung

**Chrëschtnech, Mee 2025** – D'Fréijoer huet sech vu senger beschter Säit gewisen, wéi de *Petite Suisse Country Club* de 17. an 18. Mee seng Dieren opgemaach huet fir déi éischt National Golf Days. Zwee Deeg laang stoung am Häerz vun der Regioun Mëllerdall alles am Zeeche vu Schwong, Präzisioun a sportlechem Zesummesinn. Mat iwwer 200 Visiteure war d'Evenement e grousse Succès, deen net nëmme Sportbegeeschtert, mee och Familljen, Spadséiergänger an Interesséierter aus der ganzer Ëmgéigend ugezunn huet.

### Golf fir Auszeprobéieren: oppe fir jiddereen a mat vill Freed

Wie bis elo geduecht huet, Golf wier e Sport fir d'Elite, gouf zu Chrëschtnech vum Géigendeel iwwerzeegt. Ënner dem Motto „Golf fir jiddereen" konnte Gäscht gratis Golf probéieren a mat professioneller Hëllef éischt Erfarunge sammelen. An enger relaxer Atmosphär hunn d'Trainere mat vill Gedold Schwongtechnik, Spillreegelen an Etikett erkläert.

Nieft klassesche Schnuppercourse gouf och ee Pitch-&-Putt-Tournoi organiséiert, bei deem all d'Participante vill Spaass haten. Guidéiert Visitten iwwer de Golfsite goufen och ugebueden – op Wonsch konnt ee méi iwwer d'Geschicht, d'Struktur an den Ënnerhalt vum Terrain gewuer ginn. Vill Visiteure ware fir d'éischte Kéier op engem Golfterrain – a si si mat engem breede Laachen a vläicht engem neien Hobby heemgaangen.



### Zesumme fir d'Natur: Zesummenaarbecht mam Naturpark Mëllerdall

D'Lag vum Petite Suisse Country Club am Natur- & Geopark Mëllerdall ass net nëmmen e landschaftleche Virdeel, mee och d'Basis vun enger nohalteger Partnerschaft. Zesumme mam Naturpark setzt de Club sech fir d'Färderung vun der Biodiversitéit an d'Opwäertung vum Landschaftsbild an – am Sënn vun engem naturnoe Golfmanagement.

Am Kader vun dëser Zesummenaarbecht goufen um Site Nistkëschten installéiert an ëm déi 400 Meter nei Heck geplanzt, déi villen Déierenaarten als Ënnerdaach déngen. Fir den Hierscht 2025 sinn nach weider Moossname geplangt: d'Uleeë vu Wëllblummewisen an d'Uplanzung vu Beem, déi dem Golfterrain net nëmmen en ekologesche Wäert ginn, mee och d'Naturerliefnis fir d'Visiteure beräicheren.

Dës Partnerschaft weist: Naturschutz a Sport musse kee Widdersproch sinn – am Géigendeel: Si kënne sech perfekt ergänzen.

### Eng Plaz fir d'Leit: de Golfclub als Noper

„Eist Zil war et, d'Hemmschwell beim Golfsport erofzesetzen an de Club als oppene Begeegnungsraum virzestellen", erkläert de Clubmanager Patrick Leske. „Datt esou vill Leit – och aus der direkter Ëmgéigend – komm sinn, weist, wéi grouss d'Interessi ass, Golf emol auszeprobéieren."

De Club versteet sech als Deel vun der Gemeng Waldbëlleg a wëllt an Zukunft nach méi enk mat Veräiner, Schoulen an Initiativen aus der Regioun zesummeschaffen. Déi National Golf Days kéinten also just den Ufank gewiescht sinn. Och an Zukunft solle reegelméisseg oppe Veranstaltungen organiséiert ginn, fir Golf als gesonden, naturnoen a soziale Sport ze weisen.

### Regional Kichen a gutt Gespréicher

Net nëmmen de Sport stoung am Mëttelpunkt, mee och d'Zesummekommen. Am Restaurant vum Petite Suisse Country Club mat Vue op d'Trainingsanlage konnten d'Gäscht sech an enger agreabeler Ambiance verwinne loossen. Et gouf eng variéiert Offer vu frëschem, regionalen Iessen a Gedrénks – mat vill Léift zoubereet. De kulinaresche Kader huet vill Geleeënheete gebueden, fir labber Gespréicher tëschent Ufänger, erfuerene Memberen a Visiteuren aus der Regioun.







### Ausbléck

Déi National Golf Days am Petite Suisse Country Club hu gewisen, wéi gutt Sport, Natur a Gemeinschaft kënne mateneen harmonéieren. Mat däser gelongener Première ass e Fundament geluecht, op deem ee ka weiderschaffen – vläicht schonn d'nächst Joer mat nach méi Partneren, Programmpunkten a Visiteuren. D'Diere stinn op – fir jiddereen, dee Loscht huet op eng nei Erfarung.

### Kontakt a weider Informatiounen

**PETITE SUISSE COUNTRY CLUB**
46, Am Lahr
L-7641 Christnach
Golf: Tel. +352 87 83 83
Restaurant: Tel. +352 87 83 83-333
E-Mail: ***info@pscc.lu***
Web: ***www.petitesuissecountryclub.lu***
Natur- & Geopark Mëllerdall:
***www.naturpark-mellerdall.lu***



### EXKLUSIV MEMBERSCHAFT FIR D'AWUNNER VUN DER GEMENG WALDBËLLEG

Als Zeeche vun eiser enker Verbindung mat der Gemeng bidde mir eng speziell Memberschaft fir all Awunner vu Waldbëlleg un. Profitéiert vun enger eenzegaartege Geleeënheet:

- Remise op d'Joresbeiträg (fir Erwuessener a Koppelen).
- Remise op den Droit d'entrée.

Wichteg: Dës Offer ass exklusiv fir Awunner vun der Gemeng Waldbëlleg verfügbar. Viraussetzung ass en aktuelle Wunnsëtzbeweis (net méi al wéi dräi Méint).

Dës Reduktioune kënnen net mat aneren Offeren oder Aktioune kombinéiert ginn.

**Golf-Receptioun**
Héichsaison: Mäerz – November
dënschdes – samschdes:
9 – 12:30 Auer / 13:30 – 17 Auer
sonndes: 10 – 12:30 Auer / 13:30 – 17 Auer
méindes: zou

Basissaison: Dezember – Februar
donneschdes – samschdes: 10 – 16 Auer
dënschdes, mëttwochs a sonndes:
op Ufro (Rendez-vous)

Kollektivcongé: 22.12.2025 – 31.01.2026

**Restaurant**
Héichsaison: Mäerz – November
dënschdes – sonndes: 11:30 – 21 Auer
méindes: zou

Basissaison: Dezember – Februar
donneschdes, freides, samschdes: 18 – 21 Auer
sonndes: 11:30 – 15 Auer

Kollektivcongé: 22.12.2025 – 15.01.2026

*Text a Fotoen: ASPSCC ASBL*

## D'POLICE INFORMÉIERT

Den 2. Juni war an der Sportshal zu Waldbëlleg eng Informatiounsversammlung vun der Police. D'Regionaldirektioun Dikrech an de Commissariat vun Iechternach haten d'Awunner aus de Gemenge Waldbëlleg, Äerenzdall, Bäerdref, Bech, Beefort a Konsdref invitéiert. Et ass haaptsächlech ëm d'Preventioun vun den Abréch gaangen.

*Foto: Chrëscht Berens*





## GRILLEN OP DER MILLEN

Den 19. an 20. Juli haten d'Frënn vun de Pompjeeën op e sympatheschen Evenement an de Mëllerdall agelueden. Beim Grillen op der Mille waren e Koup vun hire Frënn derbäi.

*Fotoen: Damaris*





# SCHUEBERFOUER

Wéi vun de Jore virdru gewinnt, hat d'Gemeng de 26. August e Bustransport op d'Schueberfouer organiséiert. Gefuer ass d'Pascale Wilhelmy.

Et war dee Moment och Buergermeeschterdag op der Fouer, an eis Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer war an der Crêperie bretonne fir Paangecher a Galetten zoustänneg. Dat koum deene Bëlleger, Chrëstnecher an Haler Leit zegutt, déi matgefuer waren.

*Fotoen: Martine Dimmer*













# TOUR DE LUXEMBOURG

Den 19. September sinn d'Coureure vum Tour de Luxembourg a knapps zéng Minutten duerch d'Waldbëlleger Gemeng gefuer. Si koume kuerz no 1 Auer vun der Präiteler Bréck op Chrëschtnech, wou et e Ravitaillement gouf.

Vun do aus goung et op de Freckeisen erop a weider op Suewelbuer. D'Fotoe weisen d'Échappée vu siwe Coureuren an en Deel vum imposante Peloton.

*Text a Fotoen:*
*Marc Barthelemy*





# D'HEINZELMÄNNERCHER



## Äre Service de Proximité

## *Offre spéciale automne / Herbstangebot*

*Associatioun fir d'Erëm-Aféierung vun Demandeurs d'emploi an de Beruff an an d'Gesellschaft.*

*Déngschtleeschter vu klengen Aarbechte fir eeler Leit ab 60 Joer oder Hëllefsbedierfteger.*

### *Nous offrons :*

**Travaux de jardinage**

Ramassage des feuilles mortes, plantations, repiquage, taille des haies, préparation du jardin pour l'hiver.

**Interventions en sanitaire**

Déboucher un siphon, réparer un robinet qui fuit, etc.

**Travaux de bricolage**

**Petites réparations :** réparer la courroie d'un volet, changer une serrure ou une ampoule, etc.

**Petites rénovations :** peinture, tapisserie, menuiserie, carrelage, etc.

### *Wir bieten an:*

**Gartenarbeiten**

Welke Blätter zusammenfegen, pflanzen und umpflanzen, Hecken schneiden, Garten für den Winter vorbereiten.

**Sanitärarbeiten**

Abflüsse freimachen, tropfende Wasserhähne reparieren usw.

**Instandsetzungsarbeiten**

**Kleine Reparaturen:** Rollladenreparatur, Austausch von Schlössern oder Glühbirnen usw.

**Ausbesserungsarbeiten:** anstreichen, tapezieren, Schreinerarbeiten, Fliesen auswechseln usw.

**Tarif TTC | inkl. MwSt: 20 €** par heure et salarié | pro Stunde
**9 €** par heure et machine | pro Stunde & Maschine

## TÉL.: 28 80 80

CIGR Mëllerdall
Centre d'Initiative et de Gestion Régional

**CIGR Mëllerdall Association sans but lucratif**

Siège social : 76, route de Consdorf L-6551 Berdorf
RCS : F8901 | N° de matricule : 2011610304599
mellerdall@cig.lu | **mellerdall.cig.lu**

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère du Travail

# D'HEINZELMÄNNERCHER
## Äre service de proximité

## *Offre spéciale hiver / Winterangebot*

*Associatioun fir d'Erëm-Aféierung vun Demandeurs d'emploi an de Beruff an an d'Gesellschaft.*

*Déngschtleeschter vu klengen Aarbechte fir eeler Leit ab 60 Joer oder Hëllefsbedierfteger.*

### *Nous offrons :*

**Service neige**

Déblayage de la neige sur rdv, ou de manière prioritaire sur demande.

**Travaux d'hiver**

Ramassage des feuilles mortes, plantations, repiquage, taille des haies, entretien des tombes, etc.

**Travaux de bricolage**

Petites réparations et petites rénovations.

### *Wir bieten an:*

**Schneeräumen**

Schneeräumen mit Termin, oder nach Absprache auch vorrangig.

**Winterarbeiten**

Welkes Laub zusammenfegen, pflanzen und umpflanzen, Grabpflege, Hecken schneiden usw.

**Instandsetzungsarbeiten**

Kleine Reparaturen und Ausbesserungsarbeiten.

**Tarif TTC | inkl. MwSt: 20 €** par heure et salarié | pro Stunde & Mitarbeiter
**9 €** par heure et machine | pro Stunde & Maschine

# TÉL.: 28 80 80

CIGR Mëllerdall
Centre d'Initiative et de Gestion Régional

**CIGR Mëllerdall Association sans but lucratif**
Siège social : 76, route de Consdorf L-6551 Berdorf
RCS : F8901 | N° de matricule : 2011610304599
mellerdall@cig.lu | **mellerdall.cig.lu**

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère du Travail

# KLIMAPAKT AN NATURPAKT //
# *PACTE CLIMAT ET PACTE NATURE*




*Foto: Damaris*

# KLIMAPAKT

***Léif Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng Waldbëlleg,***

nach den wohlverdienten Sommerferien ist es ein guter Zeitpunkt, um zu berichten, was sich im Klimapakt der Gemeinde Waldbillig getan hat. Obwohl die Klimathematik weltweit in der Medienpräsenz stark abgenommen hat, ist man sich in Waldbillig der Verantwortung für künftige Generationen bewusst.

## Klimaforum in Kooperation mit den Nachbargemeinden Bech und Consdorf

Das diesjährige Klimaforum wurde in Zusammenarbeit mit den Gemeinden Bech und Konsdorf in der Mairie in Bech am 20. Mai  durchgeführt.

Themenschwerpunkt war die Nutzung der Solarenergie. Die Veranstaltung richtete sich an alle Bürger, die mit dem Gedanken spielen, sich von der allgemeinen Energiekostenentwicklung zu entkoppeln und sich gegebenenfalls unabhängiger machen wollen, um in Krisen besser vorbereitet zu sein (Erhöhung der Resilienz). Konkret ging es um die Eigennutzung und das Teilen von selbst produziertem Strom und wie man die Rentabilität der eigenen Anlage erhöhen kann.

Im übervollen Saal der Gemeinde Bech informierten sich interessierte Bürger über den aktuellen Stand in Sachen Photovoltaik und lauschten den Ausführungen von Herrn Martin Schmit von der Klima-Agence, der über die neuen






staatlichen Subsidien referierte. Im Anschluss fanden verschiedene Workshops statt.

Workshop 1 – Thema **Information & Kommunikation**

Dieser Tisch identifizierte Informationsdefizite und Fehlinformationen als Haupthindernisse für die lokale Energiewende. Die Teilnehmer betonten, dass viele Bürger durch die Komplexität der Themen überfordert sind und eine zentrale Anlaufstelle für verlässliche Informationen fehlt. Als Lösung wurden regelmäßige Themenabende mit praktischen Beispielen und eine bessere Vernetzung aller Akteure vorgeschlagen.

Workshop 2 – Thema **Innovation**

Im Zentrum der Diskussionen am Tisch 2 stand die Eigenstromnutzung in Verbindung mit Sektorenkopplung. Es wurde der Stand der Technik von Elektrofahrzeugen, die auch ausspeisen können, beleuchtet. Die Integration von thermischen und elektrischen Speichern war ein weiteres Thema. Last but not least wurde darüber gesprochen, welche Firmen vor Ort Erfahrung mit der Umsetzung dieser Innovationen haben. Am Rande wurde noch über die unterschiedlichen Förderregime in der Großregion gesprochen sowie deren Auswirkung auf die technische Umsetzung von PV-Systemen.



Workshop 3 – Thema **Energiegemeinschaften**

Hier waren größtenteils Leute vertreten, die bereits Eigentümer einer PV-Anlage sind und Interesse haben, ihren produzierten Strom zu teilen. Die Herausforderung besteht darin, interessierte Abnehmer zu finden und mit den erforderlichen Verträgen und Abrechnungen zurechtzukommen.

Zum Abschluss wurden die anregenden Diskussionen beim gemütlichen Patt bis zu später Stunde weitergeführt und vertieft.

## Klimapakttag:


Am 6. Juni fand in Dudelingen der diesjährige Klimapakttag statt. Morgens waren eine Reihe von Workshops (***https://pacteclimat.lu/de/engagierter-akteur/news/klimapakt-dag-2025-praesentationen-und-fotos-verfuegbar***) angesagt und am Nachmittag wurden die Gemeinden, die erfolgreich auditiert wurden, ausgezeichnet.

Die Übersicht auf der nächsten Seite zeigt den letzten Stand der Gemeindebewertungen im Großherzogtum Luxemburg.

## SolarChallenge:

Der national von der Klima-Agence ausgelobte Wettbewerb, an dem wir uns als Gemeinde aktiv beteiligen, hat begonnen. Mit Stand vom 13. März 2025 sieht unsere Bilanz wie folgt aus:

| | 13.03.2025 | 12.05.2025 | 19.08.2025 |
|---|---|---|---|
| Kategorie 1 (Anzahl der Anlagen <=30kWp) | 15 | 28 | 39* |
| Kategorie 1 (Leistung der Anlagen <=30kWp in KW) | 1881 | 2253 | 2551 |
| Kategorie 2 (Anlagenleistung bis 200 KWp | 207 | 372 | 670,26* |
| Kategorie 3 (Prozentualer Anteil gemessen am Gemeindepotential): | 12,09% | 12,75% | 13,92% |
| Gesamte installierte Leistung in KW | 3070 | 3236 | 3533* |
| *vorläufige Zahlen der Klima-Agence | | | |




Insgesamt fällt die Bilanz sehr gut aus und die Zahlen sprechen für sich. Viele Bürger haben sich bereits motivieren lassen. Bis Ende des Jahres besteht ein Übergangssubsidienreglement, von dem die Bürger und Bürgerinnen noch profitieren können. Unter folgendem Link können die Details nachgelesen werden ***https://maint.gouvernement.lu/fr/circulaires/circulaires2025/circulaire-2025-050.html***

Weitere Informationen in Sachen SolarChallenge finden sich unter folgendem Link: ***https://solarchallenge.lu/de/***

Mit fast 14 % der Umsetzung des lokalen Photovoltaikpotenzials haben wir eine gute Voraussetzung geschaffen, um den Zielwert von 25 % im Jahre 2030 zu erreichen.

## KlimapaktCheck

Am 8. Juli hat der Schöffenrat der Gemeinde Waldbillig den sogenannten „KlimapaktCheck" validiert, der Bestandteil des Maßnahmenkatalogs des Klimapakts ist. Mittels dieses KlimpaktChecks stellt die Gemeinde bei größeren Projekten sicher, dass die Konformität mit den relevanten Grundsätzen und Beschlüssen wie z B. Klimaleitbild usw. überprüft und nachverfolgt wird.

## Ausblick

Für 2026 strebt die Gemeinde Waldbillig eine Gold-Auditierung an. Der Ausbau von weiteren gemeinde-eigenen PV-Anlagen und Ladestationen steht auf dem Programm.

Weiterhin steht die Durchführung eines Sensibilisierungs-workshops im Schulwesen in Sachen Optimierung Nutzer-verhalten im Bereich Energie aus.

Ganz herzlichen Dank an alle, die sich mit ihrem Engagement für den Klimapakt einsetzten. Sie sind ein gutes Vorbild und machen Mut weiterzumachen!

*Bernhard Jäckel*
*(Klimapaktberater)*





# ECO-DRIVING – WALDBËLLEG GEET MAT GUDDEM BEISPILL VIR!

Am Kader vun hirem Engagement fir eng méi nohalteg Zukunft huet d'Gemeng Waldbëlleg rezent en internen Eco-Driving-Atelier fir hir Mataarbechter souwéi fir Membere vun de berodende Kommissiounen organiséiert. Dës Initiativ, déi Deel vum Klimapakt ass, soll eng ëmweltfrëndlech an effizient Notzung vun der kommunaler Gefierflott fërderen.

## Eng praktesch, léierräich an inspiréierend Formatioun

Ënner der Leedung vun engem erfuerenen Eco-Driving-Formateur hunn d'Participanten eng Formatioun absolvéiert, déi sech op virsiichtegt, wirtschaftlecht an nohaltegt Fuere konzentréiert huet. D'Haaptzil war, $CO_2$-Emissiounen ze reduzéieren, Brennstoff ze spueren an d'Verkéierssécherheet ze verbesseren.

Mat konkreten Tipps a praktesche Beispiller konnten d'Participanten direkt erliewen, wéi eng bewosst Fuerweis positiv Auswierkungen op d'Ëmwelt an op d'Gefierkäschten huet.

Geléiert gouf ënner anerem:

- d'Vitess upassen an d'Bremsverhalen antizipéieren, fir de Verbrauch ze reduzéieren
- d'Motorbrems geziilt asetzen an onnéideg Beschleunegunge vermeiden
- den Drock vun de Pneuen reegelméisseg kontrolléieren an d'Gefier gutt ënnerhalen
- d'Motorlafen am Stand vermeiden – eng Energiequell, déi dacks iwwersi gëtt

## Positiv Reaktiounen a konkret Erkenntnisser

De Feedback vun de Participante war ausgesprache positiv. Vill waren iwwerrascht, wéi kleng Verännerungen am Fuerverhalen eng grouss Wierkung kënnen hunn – souwuel fir d'Ëmwelt wéi och fir de Gemengebudget.

Nieft dem Klimaschutz droen dës Moossnamen och zur Reduktioun vun den Ënnerhaltskäschte bäi an erhéijen d'Liewensdauer vun de Gefierer.

D'Gemeng Waldbëlleg seet e grousse Merci un all d'Mataarbechter an d'Kommissiouns-Memberen, déi mat Engagement un dëser Formatioun deelgeholl hunn, souwéi un de Formateur fir seng kompetent an dynamesch Wëssensvermëttlung.

*Filipe Soares*
*Foto: Gemeng Waldbëlleg*



# RÉSULTATS DES MESURES DE $NO_2$ DANS LA COMMUNE DE WALDBILLIG – CAMPAGNE PACTE CLIMAT 2024




Dans le cadre de la campagne Pacte climat 2024, la commune de Waldbillig a participé pour la cinquième fois à la campagne nationale de mesure du dioxyde d'azote ($NO_2$) à l'aide de tubes passifs, en collaboration avec l'Administration de l'environnement.

L'objectif principal était de surveiller la qualité de l'air dans les différentes localités de la commune – notamment à Waldbillig, Christnach, Haller et Müllerthal – et d'identifier d'éventuelles zones à forte concentration de $NO_2$, un polluant principalement émis par le trafic routier et le chauffage.

Administration de l'environnement
Grand-Duché de Luxembourg

**Mesurage de l'$NO_2$ par tubes passifs**

**Campagne Klimapakt 2024**
**Commune de Waldbillig**

| Période d'échantillonnage | | NCHCH01 | NCHCH02 | NHAER01 | NMUAL01 | NWALG01 | NWALG02 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| du | au | NO2 [ug/m3] | NO2 [ug/m3] | NO2 [ug/m3] | NO2 [ug/m3] | NO2 [ug/m3] | NO2 [ug/m3] |
| 03/01/2024 | 17/01/2024 | 9 | 9 | 8 | 9 | 9 | 6 |
| 17/01/2024 | 31/01/2024 | 14 | 11 | 11 | 12 | 8 | 13 |
| 31/01/2024 | 14/02/2024 | 7 | 6 | 6 | 6 | 4 | 7 |
| 14/02/2024 | 28/02/2024 | 9 | 8 | 7 | 6 | 5 | 9 |
| 28/02/2024 | 13/03/2024 | 10 | 9 | 6 | 7 | 5 | 8 |
| 13/03/2024 | 27/03/2024 | 10 | 7 | 7 | 6 | 4 | 9 |
| 27/03/2024 | 10/04/2024 | 6 | 6 | 5 | 6 | 3 | 8 |
| 10/04/2024 | 24/04/2024 | 5 | 6 | 5 | 5 | 4 | 7 |
| 24/04/2024 | 08/05/2024 | 8 | 6 | 6 | 5 | 4 | 8 |
| 08/05/2024 | 22/05/2024 | 8 | 6 | 6 | 6 | 4 | 7 |
| 22/05/2024 | 05/06/2024 | 6 | 4 | 4 | 4 | 3 | 5 |
| 05/06/2024 | 19/06/2024 | 6 | 5 | 5 | 6 | 3 | 6 |
| 19/06/2024 | 03/07/2024 | 6 | 5 | 5 | 6 | 3 | 6 |
| 03/07/2024 | 17/07/2024 | 6 | 5 | 5 | 6 | 3 | 6 |
| 17/07/2024 | 31/07/2024 | 7 | 5 | 5 | 6 | 3 | 6 |
| 31/07/2024 | 14/08/2024 | 6 | 5 | 4 | 7 | 3 | 6 |
| 14/08/2024 | 28/08/2024 | 7 | 5 | 5 | 6 | 3 | 6 |
| 28/08/2024 | 11/09/2024 | 7 | 6 | 5 | 7 | 3 | 6 |
| 11/09/2024 | 25/09/2024 | 8 | 8 | 7 | 9 | 5 | 9 |
| 25/09/2024 | 09/10/2024 | 5 | 5 | 4 | 4 | 3 | 6 |
| 09/10/2024 | 23/10/2024 | 18 | 8 | 6 | 5 | 5 | 9 |
| 23/10/2024 | 06/11/2024 | 10 | 8 | 7 | 7 | 6 | 1 |
| 06/11/2024 | 20/11/2024 | 10 | 9 | 7 | 7 | 3 | 8 |
| 20/11/2024 | 04/12/2024 | 11 | 8 | 8 | 9 | 6 | 9 |
| 04/12/2024 | 18/12/2024 | 9 | 8 | 6 | 8 | 5 | 8 |
| | | | | | | | |
| Moy.prov. - 2024 | | 8 | 7 | 6 | 7 | 4 | 7 |

| | |
|---|---|
| NCHCH01 | 6A, Moellerdallerstrooss - Christnach |
| NCHCH02 | 2, Schoulstrooss - Christnach |
| NHAER01 | 17, rue Hallerbach - Haller |
| NMUAL01 | 1, rue des Rochers - Müllerthal |
| NWALG01 | 5, A Kilker - Waldbillig |
| NWALG02 | 15A, rue de Christnach - Waldbillig |
| n.d. | non-déterminé |

| | |
|---|---|
| Valeur limite $NO_2$: | 40 µg/m³ en moyenne annuelle sur une année civile |
| Valeurs en orange: | à titre indicatif: la valeur mensuelle dépasse la valeur limite pour la moyenne annuelle |
| **Valeurs sur fond rouge:** | dépassement de la valeur limite de 40 µg/m³(moyenne annuelle) |

Données validées au niveau final — Généré le 20/02/2025

Les mesures ont été réalisées sur 25 périodes de 14 jours, entre le 3 janvier et le 18 décembre 2024.

Les résultats montrent que :

- Aucune valeur mesurée n'a dépassé la limite annuelle de 40 µg/m³ fixée par l'Union européenne.
- Toutes les mesures sont même inférieures au futur seuil européen de 20 µg/m³, qui entrera en vigueur en 2030.
- La majorité des concentrations se situent bien en dessous des seuils réglementaires, souvent inférieures à 10 µg/m³.
- Les valeurs les plus élevées ont été enregistrées en hiver, en raison des émissions de chauffage et de conditions météorologiques défavorables.
- En été, les niveaux étaient nettement plus bas, notamment grâce à la baisse du trafic pendant les vacances.

Ces résultats confirment une bonne qualité de l'air dans la commune de Waldbillig et reflètent les efforts continus en matière de mobilité durable et de réduction des émissions. Ils constituent également une base précieuse pour orienter les futures actions dans le cadre du Pacte climat.

Comme annoncé dans le De FUUSS 3/2024, vous trouverez ici les résultats complets de la campagne de mesure $NO_2$ 2024.

La commune de Waldbillig participe également à la nouvelle campagne 2025, avec deux points de mesure. Dès que les résultats seront disponibles, ils seront publiés dans une prochaine édition du De FUUSS.

*©Administration de l'environnement*

*Text a Fotoen: Filipe Soares*

KlimaPakt NaturPakt

NACHHALTIGKEIT macht SCHULE

# KAMPAGNE ZUR UMWELTSENSIBILISIERUNG IN DER GRUNDSCHULE WALDBILLIG

### Pädagogik & Ziel – Wissen, das bewegt

Wie entsteht der Klimawandel? Welche Rolle spielt mein Alltag dabei? Und was kann ich selbst tun, um etwas zu verändern?

Das Programm „Nachhaltigkeit macht Schule“ setzt genau hier an – mit dem Ziel, Kinder nicht nur zu informieren, sondern sie zu begeistern und zu befähigen, selbst aktiv zu werden.

Drei zentrale Leitgedanken stehen im Mittelpunkt:

- Umweltwissen verständlich und lebendig vermitteln
- Umweltbewusstsein altersgerecht stärken
- Freude an klimafreundlichem Handeln wecken

Statt nur zuzuhören, erleben die Kinder den Klimawandel hautnah – durch spannende Experimente, kreative Aufgaben und gemeinsame Projekte. So wachsen Wissen und Bewusstsein spielerisch zusammen.

Ein besonderer Fokus liegt darauf, dass die Kinder Verantwortung für ihr eigenes Handeln erkennen – und entdecken, dass auch kleine Schritte eine große Wirkung haben können. Eigene Ideen für mehr Klimaschutz zu entwickeln und diese im Alltag auszuprobieren, ist ein zentraler Bestandteil des Programms.

Ganz nebenbei wird auch ein wichtiges Thema aufgegriffen: Klimaschutz ohne Angst.

Denn wer versteht, darf fragen. Wer mitgestaltet, fühlt sich wirksam. So entsteht Motivation statt Überforderung – und echte Veränderung beginnt.

### Klima-Wissen in unserer Grundschule – mitmachen, staunen, verstehen

Die Schülerinnen und Schüler der Zyklen 3.2 und 4.1 der Grundschule Waldbillig werden zu echten Umweltschützern und Umweltschützerinnen. Im kommenden Schuljahr werden sie aktiv – mit Spielen, Experimenten und einem Klima-Quiz, das nicht nur die Kinder, sondern auch ihre Eltern herausfordert.

Mit großer Begeisterung tauchen die Kinder in die Welt des $CO_2$ ein, erforschen den Treibhauseffekt und entdecken, wie viel Klimaschutz bereits im Alltag möglich ist – vom richtigen Umgang mit dem Thermostat bis zum Ausschalten von Standby-Geräten.

Das Besondere: Auch die Eltern werden eingebunden – und können beim Quiz ihr eigenes Klimawissen testen.




## Didaktik – der Weg: spielerisch, praktisch, alltagsnah

Wie beeinflusst unser Alltag das Klima? Und was können wir selbst tun?

Mit Experimenten, Mitmachaufgaben und einer Exkursion zur Heizzentrale nähern sich die Kinder der Zyklen 3 und 4 spielerisch den komplexen Themen des Klimawandels.

Die Module des Projekts „Nachhaltigkeit macht Schule" sind fest im Stundenplan verankert und vermitteln zentrale Umwelt- und Energiethemen altersgerecht und praxisnah. Im Mittelpunkt steht dabei nicht nur die Wissensvermittlung, sondern vor allem die Frage: Wie können wir selbst zum Klimaschutz beitragen?

Ein Highlight: Die Kinder entwickeln eigene Ideen für mehr Nachhaltigkeit – und nehmen ihre Familien mit ins Boot. Ein interaktives Klima-Quiz für Kinder und Eltern vertieft das Wissen und bringt neue Impulse in den Familienalltag. Quiz und Elterninformationen sind mehrsprachig verfügbar.

Die sechs aufeinander abgestimmten Module im Überblick:

1. Einstieg und Treibhauseffekt
2. Energiequellen entdecken
3. Richtig heizen und lüften
4. Strom clever nutzen
5. Wasser und Papier als wertvolle Ressourcen
6. Großes Abschlussquiz und Zertifikate

## Win-win – gemeinsam für mehr Klimaschutz

- Hinter der Sensibilisierungskampagne steht eine engagierte Gemeinde – unterstützt von ihrem Klimateam.

- Mit dem Projekt „Nachhaltigkeit macht Schule" gestaltet die Gemeinde aktiv ihre Zukunft – und fördert nachhaltiges Denken bereits bei den Jüngsten.

- Die Initiative ist ein wichtiger Bestandteil der kommunalen Klimaschutzstrategie und wird im Rahmen des Klimapakts berücksichtigt.

*Filipe Soares*
*Quelle: energieagence Lëtzebuerg*
*www.energieagence.lu*

# DOSSIER D'ASSISTANCE AUX FUTURS MAÎTRES D'OUVRAGE 2.0

**Que propose le dossier d'assistance aux futurs maîtres d'ouvrage ?**

Le dossier d'assistance aux futurs maîtres d'ouvrage regroupe de nombreuses informations essentielles au bon déroulement d'un projet de construction durable ou de rénovation énergétique des bâtiments d'habitation, telles que des aides pratiques et des conseils utiles.

Ce dossier contient des liens vers les informations relatives à l'aménagement communal et vous accompagne, en tant que futur maître d'ouvrage, à travers toutes les phases de votre projet : de la planification et de la construction jusqu'à la réception du bâtiment. Il vous soutient dans votre processus décisionnel et contribue à réduire la complexité de votre projet de construction ou de rénovation.

Il comprend également des check-lists pratiques, regroupant un ensemble de conseils ciblés sur la construction durable et la rénovation énergétique. En tant qu'outil pragmatique, il inclut aussi des contacts utiles concernant les aides et prêts avantageux disponibles.

Profitez du conseil de base de la „Klima-Agence" pour obtenir des informations techniques ainsi que des renseignements sur les aides financières existantes.

Le dossier est disponible à la commune de Waldbillig.



# BAUHERREN-MAPPE 2.0

**Was bietet die Bauherrenmappe?**

Die Bauherrenmappe enthält zahlreiche wichtige Informationen für den reibungslosen Ablauf eines Projekts im Bereich des nachhaltigen Bauens oder der energetischen Sanierung von Wohngebäuden. Sie bietet praktische Hilfestellungen und nützliche Empfehlungen.

Sie enthält Links zu relevanten Informationen über die kommunale Raumplanung und begleitet Sie als zukünftiger Bauherr durch alle Phasen Ihres Projekts – von der Planung über die Bauphase bis hin zur Gebäudeabnahme. Die Bauherrenmappe unterstützt Sie bei Ihrer Entscheidungsfindung und trägt dazu bei, die Komplexität Ihres Bau- oder Renovierungsvorhabens zu verringern.

Darüber hinaus beinhaltet sie praktische Checklisten, die gezielte Hinweise zum nachhaltigen Bauen und zur energetischen Sanierung geben. Als pragmatisches Hilfsmittel enthält die Bauherrenmappe auch wichtige Kontaktstellen zu verfügbaren Förderprogrammen und zinsgünstigen Darlehen.

Nutzen Sie die Basisberatung der Klima-Agence, um technische Informationen sowie Hinweise zu finanziellen Fördermöglichkeiten zu erhalten.

Die Bauherrenmappe ist bei der Gemeinde Waldbillig erhältlich.

La version numérique peut être téléchargée sur :

www.waldbillig.lu/media-categories/batisses/

Die digitale Version kann unter folgendem Link heruntergeladen werden:

www.waldbillig.lu/media-categories/batisses/

*Filipe Soares*

# NATURPAKTDAG

Am 27. Juni fand in Anwesenheit von Serge Wilmes, Minister für Umwelt, Klima und Biodiversität, die dritte Ausgabe der „Journée Pacte nature" statt. Dabei wurden die Anstrengungen der Gemeinden zur Förderung der Biodiversität und zur Anpassung an den Klimawandel gewürdigt und 49 neue Zertifizierungen – davon 9 auf Silber-Niveau – verliehen. Verschiedene Exkursionen und Präsentationen zeigten gute Praxisbeispiele zur Renaturierung, nachhaltigen Landwirtschaft und Umweltbildung. Auch die Gemeinde Waldbillig ist im Rahmen des Pacte nature engagiert und auf einem guten Weg, ihre Maßnahmen zum Schutz der Natur weiter auszubauen.

*Text: Luc Friedrich*
*Fotoen: KlimaAgence*





# Spuert och Dir Ressourcen!

Serie vum Mouvement Ecologique an dem Oekozenter Pafendall

**Spillsaachen a Kannergezei**

**léiwer deelen ewéi entsuergen**



fixit!

FLÉCKEN . LÉINEN . NOTZEN

**Vill Spillsaachen a Kannergezei landen no kuerzer Zäit am Offall – dobäi kéinten se och nach anere Kanner eng Freed maachen.**

All Joer ginn immens vill Spillsaache kaaft – a vill dovun och séier ewechgehäit. Laut Statistike ginn der vill just kuerz benotzt (manner wéi 8 Méint) oder verschwanne fir Joren um Späicher, éier se an d'Dreckskëscht kommen.

Um Site vun der Aktioun fannt Dir eng Lëscht vu Veräiner an Initiativen déi deene Spillsaachen an och dem Kannergezei en zweet Lieweschenkenannachganzvillaner Tipps ronderëm „Repair, ReUse, Share". **Kuckt eran!**

**meco.lu/fixit & oekozenter.lu/fixit**

mouvement écologique

oekozenter pafendall

Mat der Ënnerstëtzung vum:

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

Find us on

# Spuert och Dir Ressourcen!

Serie vum Mouvement Ecologique an dem Oekozenter Pafendall




**fixit!**

FLÉCKEN . LÉINEN . NOTZEN

**An de leschte Joren ass et an Europa zu engem richtege Vëlo-Boom komm: ëmmer méi Leit setzen op dëst praktescht, gesond a klimafrëndlecht Gefier.**

Domat ass och en dynamesche Secondhand-Marché entstanen, wou ee qualitativ gutt Vëloen zu engem gënschtege Präis fanne kann. Eng flott Alternativ fir all déi, déi op nohalteg Mobilitéit setzen.

Um Site vun der Aktioun fannt Dir eng Lëscht vun Initiativen déi Vëloen aus zweeter Hand ubidden an nach ganz vill aner Tipps ronderëm „Repair, ReUse, Share". **Kuckt eran!**

**meco.lu/fixit & oekozenter.lu/fixit**

mouvement écologique

oekozenter pafendall

Mat der Ënnerstëtzung vum: LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

Find us on

KlimaPakt
Mëng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

NaturPakt
Mëng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur

WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG




# Trouvez la solution de charge pour votre résidence grâce au comparateur de bornes et de systèmes de gestion

Avec l'essor des véhicules électriques, la question de la gestion de la charge devient centrale, en particulier dans les résidences où la puissance est limitée. Comment permettre à plusieurs utilisateurs de charger leur véhicule sans surcharger l'installation électrique ? Comment répartir les coûts ? Pour accompagner cette évolution, Klima-Agence propose une plateforme en ligne permettant de comparer les bornes de charge et les systèmes de gestion disponibles au Luxembourg.

**Des solutions adaptées aux besoins des copropriétés**

Le comparateur en ligne **bornes.klima-agence.lu** permet de repérer facilement les solutions compatibles avec un usage collectif. Les utilisateurs peuvent cibler les systèmes répondant aux spécificités d'une copropriété.

Les systèmes de gestion sont au cœur de cette approche.

- **La gestion de la charge** permet une répartition intelligente de la charge entre plusieurs points de charge afin d'éviter une surcharge du réseau électrique.
- **La gestion de la facturation** est essentielle pour répartir les coûts entre les résidents.
- **La gestion énergétique** permet une meilleure utilisation de l'énergie, y compris celle produite par votre installation photovoltaïque.

**Une compatibilité facilitée entre bornes et systèmes**

L'outil met également en avant la compatibilité entre bornes de charge et systèmes de gestion, un critère essentiel pour identifier les solutions les plus ouvertes et évolutives et faciliter ainsi d'éventuelles extensions.

Grâce aux filtres, vous pouvez optimiser votre recherche selon des critères tels que le profil utilisateur, le type de bâtiment, la puissance ou les fonctionnalités permettant notamment de gérer la charge et d'éviter des pics de consommation, ce qui est particulièrement utile dans le contexte de la nouvelle structure tarifaire de l'électricité.

**Besoin de plus d'informations ?**

- La mobilité électrique pour les particuliers : **klima-agence.lu/emobility**
- Les aides pour votre projet de mobilité : **aides.klima-agence.lu**

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Conseil indépendant et gratuit**
klima-agence.lu • 8002 11 90

WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG




# Finden Sie mit dem Vergleichstool für Ladestationen und Managementsysteme die passende Ladelösung für Ihr Wohngebäude

Mit der zunehmenden Verbreitung von Elektrofahrzeugen rückt die Frage des Lademanagements in den Vordergrund, insbesondere in Wohngebäuden mit begrenzter Stromleistung. Wie können mehrere Nutzer ihre Fahrzeuge aufladen, ohne die elektrische Anlage zu überlasten? Wie lassen sich die Kosten aufteilen? Um diese Entwicklung zu begleiten, bietet Klima-Agence eine Online-Plattform zum Vergleich der in Luxemburg verfügbaren Ladestationen und Managementsysteme an.

**Lösungen für die Nutzung in Mehrfamilienhäusern**

Mit dem Online-Vergleichsportal **bornes.klima-agence.lu/de** lassen sich Lösungen, die für die gemeinschaftliche Nutzung geeignet sind, leicht finden. Die Nutzer können gezielt nach Systemen suchen, die den Besonderheiten einer Miteigentümerschaft entsprechen.

Im Mittelpunkt dieses Ansatzes stehen die Managementsysteme.

- **Das Lademanagement** ermöglicht eine intelligente Verteilung der Last auf mehrere Ladepunkte, um eine Überlastung des Stromnetzes zu vermeiden.
- **Das Abrechnungsmanagement** ist für die Aufteilung der Kosten auf die Bewohner unerlässlich.
- **Das Energiemanagement** ermöglicht eine bessere Nutzung der Energie, einschließlich der von Ihrer Photovoltaikanlage erzeugten Energie.

**Einfache Kompatibilität zwischen Ladestationen und Systemen**

Das Tool hebt auch die Kompatibilität zwischen Ladestationen und Managementsystemen hervor, ein wesentliches Kriterium für die Identifizierung der offensten und skalierbarsten Lösungen und damit für die Erleichterung möglicher Erweiterungen.

Mithilfe von Filtern können Sie Ihre Suche nach Kriterien wie Benutzerprofil, Gebäudetyp, Leistung oder Funktionen optimieren, die insbesondere die Laststeuerung und die Vermeidung von Verbrauchsspitzen ermöglichen, was im Zusammenhang mit der neuen Netztarifstruktur besonders nützlich ist.

**Benötigen Sie weitere Informationen?**

- Elektromobilität für Privatpersonen: **klima-agence.lu/emobility**
- Beihilfen für Ihr Mobilitätsprojekt: **aides.klima-agence.lu**

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Conseil indépendant et gratuit**
klima-agence.lu • 8002 11 90




Foto: Damaris

# WAT ASS LASS AN DER GEMENG? //
# *QUE FAIRE DANS LA COMMUNE ?*

# AGENDA

**Samschdes, de 25. Oktober** invitéiert den FC Olympia Chrëstnech-Waldbëlleg op säin traditionelle Wëldowend zu Waldbëlleg an der Sportshal.

**Sonndes, de 26. Oktober ëm 17 Auer** ass e Concert vun den Uergelfrënn.

Et spillt den Organist Lawrence Bacon vu Birmingham Wierker vun engleschen an europäesche Meeschter aus Renaissance a Barock. De Lawrence huet an der 1970er-Joren op der Uni York Musek studéiert mat Uergel als Haaptfach, ass scho säi ganzt Liewe musikalesch aktiv souwuel als Organist wéi och als Chouersänger, notamment am City of Birmingham Symphony Chorus, an ass elo Organist vun der St Laurence Church, Northfield.

**Samschdes, den 8. November** spillt d'Waldbëlleger Musek den Hämmelsmarsch zu Chrëschtnech.







**Samschdes, den 8. November** ass Kiermes am Duerf, mat Kiermesmusek, vun 18 Auer un an der Bushal, organiséiert vum Club des Jeunes. Et gëtt Kiermesham mat Fritten an Zalot fir 30 Euro. Umeldung bis den 30. Oktober um Telefon 621 67 77 30 oder 691 55 68 64.

**Samschdes, de 15. November** spillt d'Waldbëlleger Musek den Hämmelsmarsch zu Waldbëlleg.

**Freides, den 21. November** invitéiert den FC Olympia Chrëstnech-Waldbëlleg op säi Kéisowend zu Waldbëlleg an der Sportshal.

**Vu méindes den 1. bis mëttwochs de 24. Dezember** sinn d'Adventsfënsteren an der Gemeng Waldbëlleg. Wann Dir Loscht hutt matzemaachen, da mellt Iech gären op ***baden@pt.lu***




**Freides, de 5. Dezember, vu 17 bis 22 Auer:** Chrëschtmaart op der Millen am Mëllerdall.

**Samschdes, de 6. Dezember, vun 12 bis 22 Auer:** Chrëschtmaart op der Millen am Mëllerdall.

**Sonndes, de 7. Dezember, vun 11 bis 18 Auer:** Chrëschtmaart op der Millen am Mëllerdall.

**Samschdes, den 13. Dezember** ass d'Chrëschtfeier vu Jonk & Al zu Waldbëlleg an der Sportshal.

**Samschdes, de 7. Februar 2026 ëm 20 Auer** ass de Galaconcert „Musical" vun der Waldbëlleger Musek an der Sportshal zu Waldbëlleg.

**Freides, de 27. Februar 2026:** De FUUSS 2026-1 kënnt an d'Boîte.

**Freides, de 27. Februar** organiséiert d'Waldbëlleger Musek e Quizowend. Weider Detailer kommen no.

**Sonndes, den 1. Mäerz 2026** spillt de Blechblosensembel Quatricinia Musek aus Renaissance a Barock, mat Juan Ullibarri (Zinken, Zurna, Duddelsak); Heather Madeira (Barock-Trompett); Leon Ni (Barock-Trombonn); Idoia Bengoa (Dulzian); Alessandro Urbano (Uergel). Organiséiert ass dëst Event vun den Uergelfrënn. Et ass den 1. Concert am Kader vun hirem Jubiläumsfestival fir 30 Joer Uergelfrënn an 10 Joer Waldbëlleger Uergel.

**Samschdes, den 21. Mäerz 2026** invitéiert den FC Olympia Chrëstnech-Waldbëlleg op d'Fiesta Mexicana zu Waldbëlleg an der Sportshal.

**Sonndes, den 22. Mäerz 2026** spillt den Ensembel Ad Libitum (Dir. Rosch Mirkes) – G.F. Händel, Uergelconcertoen. Uergel: Jos Majerus.

**Sonndes, den 10. Mee 2026** spillen d'Stefanie Duprel an de Francis Lucas „duo cembalorgano" – Musek fir Cembalo an Uergel.

**Samschdes, de 16. Mee 2026** séngt de Meedercherschouer „Fortissimo", Luxembourg City Conservatoire (Dir. Sylvie Serra), Marc Loewen (Uergel).

**Sonndes, de 17. Mee 2026** spillen de Paul Kayser (Uergel) an de Semjon Kalinowski (Braatsch) The Spirit of Hanse

**Sonndes, den 31. Mee 2026** ass e Recital mam Michel Krier (Uergel). Dëst Event ass den Ofschloss vun de Concertë vun den Uergelfrënn am Kader vun hirem Jubiläum.

De **Bicherbus** steet de 27. November, den 18. Dezember, den 22. Januar an den 12. Februar tëscht 10:55 an 11:25 Auer beim Fussballsterrain zu Chrëschtnech.

Weider Datumer stoungen um Datum vun eiser Remise vun den Artikelen nach net zur Verfügung. Ënner ***www.bicherbus.lu*** fannt Dir all weider Informatiounen.

## GEMENGEROT

D'Sëtzunge vum Gemengerot si fir d'Zäit vun den Ausbauaarbechten um Hentgesbau am Veräinsbau zu Chrëschtnech. Jiddweree ka kucken a lauschtere kommen.

Virgesi sinn den **18. November** an den **11. Dezember** jeeweils ëm 19 Auer. Méi Terminer goufen nach net festgeluecht.

Fir ze wëssen, ob déi Datumer effektiv esou kënnen agehale ginn, kuckt am digitale Raider op ***https://waldbillig.lu*** ënner ***Quotidien***. Do steet och den Ordre du jour.

## LABOMOBILE



De mobile Laboratoire vu Bionext kënnt **all Méindeg vu 7 bis 8:30 Auer** op Chrëschtnech.
Et muss een e RV buchen, op ***www.labomobile.lu***




## RESTAURANTEN A CAFÉËN

**La Bottega-Gudde Kascht** vum Ben Weber a senger Fra Alexandra Pancher ass vun dënschdes bis sonndes op. Bei hinne fannt Dir vill Produiten aus der Regioun an och dem Ben Weber seng eege Kreatiounen. Dir kënnt och sur place eppes drénken a schneeken.
D'Ëffnungszäiten a méi Informatioune fannt Dir op: ***www.guddekascht.lu***

Der **Brasserie Heringer Millen** hir Ëffnungszäiten an hir Kaart fannt Dir op hirem Site ***www.heringermillen.lu***
Aktuell ass si dënschdes zou a sonndes just mëttes bis 16 Auer op. Déi aner Deeg ass mëttes an owes op. Déi Horairë wäerten awer fir de Wanter nees änneren.
E-Mail: ***moien@heringermillen.lu*** Tel. 26 95 95 99

Dem **Hotel Le Cigalon** seng Ëffnungszäiten a seng Kaart fannt Dir um Site ***www.lecigalon.lu***
Aktuell a bis Enn November ass de Weekend op, samschdes vun 12 bis 14 Auer a vun 19 bis 20:15 Auer, sonndes vun 12 bis 14 Auer. Dann ass zou bis Enn Februar/Ufank Mäerz.
E-Mail: ***cigalon@pt.lu***
Tel. 79 94 95

De **Café Dina** zu Waldbëlleg huet ausser donneschdes all Dag op. Iesse just op Bestellung. Tel. 621 31 83 69

De Restaurant **Petite Suisse Country Club** um Chrëschtnecher Golf ass bis Enn November op dënschdes – sonndes vun 11:30 bis 21 Auer, vun Dezember bis Februar donneschdes, freides a samschdes vun 18 bis 21 Auer, sonndes vun 11:30 bis 15 Auer. De Restaurant ass zou vum 22. Dezember bis de 15. Januar.
All d'Informatiounen an d'Kaart fannt Dir hei: ***petitesuissecountryclub.lu/restaurant***
Adress: Petite Suisse Country Club, 46, am Lahr, L-7641 Chrëschtnech. Tel. 87 83 83-333



*Foto: Damaris*

DE FUUSS
**als PDF online!**



*Foto: Damaris*

WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG